



Bon, et ass hei schonn drop higewise ginn, dass mer zënter Jore bei den Autorisationsvotte Blocagen hunn, wat jo dann och zu der Direktiv 2015 gefouert huet. An déi huet mat sech bruecht, dass d'Memberstaten erëm eng Rei vun nationale Pouvoiren ageraumt kréien. Gutt fir eis, well d'Lëtzebuurger Regierung huet deen Dispositiv benotzt, fir schonn an der Phas 1 vun der Direktiv eng ganz Rei vun OGMen hei zu Lëtzebuerg net zouzeloossen - den Här Kox ass hei schonn dorobber agaangen, dofir maachen ech dat net -, ënner anerem déi, déi elo eben an der Resolutioun stinn.

Mä mir wäerten och an der Phas 2 vun där Direktiv all Méigleckeete benotzen, fir nach weider OGMen net fir d'Kultur zouzeloossen. Ech wollt och an deem Zesummenhang d'Informatioun ginn, dass mir viru Kuerzem am Gesondheetsministère an Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère a mam Agrikulturministère eng spezialiséiert Persoun, en Expert, age-stallt hunn, dee sech nëmmen ëm OGMe këmmert, wat ganz wichteg fir eist Land ass.

Duerfir kann ech nëmmen nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Initiativ hei vun der Chamber begrëssenswäert ass, well se fir déi europäesch Autoritéiten zousätzlech ënnersträicht, dass d'Populatioun hei zu Lëtzebuerg keng OGMe wëllt. Dat ass eis Positioun.

A parallell wäert d'Lëtzebuurger Regierung all Energie dran investéieren, fir déi legal Moyenen auszunutzen, déi mer zur Verfügung hunn, fir d'Kultur vun OGMen ze verbidden, nach besser ze kontrolléieren an och entspriechend Penaltéiten ze definéieren, ënner anerem duerch d'Revisioun vum OGMS-Gesetz an och d'Redefinitioun vun de Kontrollkompetenzen.

Dorop schaffe mer ganz intensiv. An nach eng Kéier Merci fir dës wichteg Initiativ.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci.

#### **Vote sur la résolution**

Hunn ech richtig verstanen, dass mer iwwert déi hei Resolutioun per Handophiewe kënnen ofstëmme? Ass dat esou?

#### **(Assentiment)**

Da géif ech déi, déi sech derfir ausdrécken, bidden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Unanimitéit. Merci. Mir wäerten dann direkt déi Resolutioun un d'Kommissioun zu Bréissel weiderginn.

A mer géifen da kënnen zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Proposition de révision vun der Verfassung mat der Nummer 6938, d'Proposition, déi den Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung soll emänneren.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuert ass. An hei gëllt, wéi Der wësst, keng Procuratioun.

D'Wuert huet elo den Auteur-rapporteur, den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

#### **4. 6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution**

##### **Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem mer duerch e Gesetz vum 18. Oktober 2016 den Artikel 32.(3) vun eiser Verfassung iwwert de reglementaresche Pouvoir vum Grand-Duc ofgeännert hunn, hu mer et haut de Mëtteg mat enger zweeter Ofännerung ze di vun deem Artikel 32, dës Kéier de 4. Paragraf, deen déi sougenannte Krisesituatioun behandelt, an deenen de Grand-Duc, an deenen d'Regierung aussergewöhnlech Pouvoiren ënner bestëmmte Konditiounen zougestane kritt.

Dës Regel vum Artikel 32.(4), déi mer haut och scho kennen, ass an eiser Verfassung als Exceptioun zu den allgemenge Regeln, wat de Pouvoir réglementaire vun der Exekutiv ugeet, formuléiert.

Den aktuellen Artikel, dee mer ofänneren, ass wéi folgend formuléiert: «Toutefois, en cas de crise internationale, le Grand-Duc peut, s'il y a urgence, prendre en toute matière des règlements, même dérogatoires à des dispositions légales existantes. La durée de validité de ces règlements est limitée à trois mois.»

Dësen Text, deen haut en vigueur ass, geet op eng Revisioun vum 19. November 2004 zrëck an ass deemools mat grousser Majoritéit hei vum Parlament gestëmmt ginn, notament mat de Stëmmen vun der CSV, der LSAP, deene Gréngen a vun der ADR. Dës permanent Verfassungsbestëmmung ersetzt eng laang Praxis, déi mer iwwer 100 Jore hei zu Lëtzebuerg kannt hunn, vun de sougenannte Vollmachtsgesetzer, de Lois d'habilitation, déi mer all Kéiers hei am Dezember, um Enn vun der leschter Sitzung vum Jore debattéiert hunn. Iwwert dat Spezialgesetz, wat eng Durée hat vun engem Jore, huet d'Regierung d'Habilitatioun kritt vun der Chamber, fir a Wirtschafts- a Finanzfroe kënnen ze reglementéieren an och iwwer Reglementer Gesetzter ofzënnere. Alldéngs war dat net méiglech am Domaine réservé à la loi par la Constitution.

Deen Artikel 32.(4), deen also déi al Praxis vun de Vollmachtsgesetzer ersat huet, ass an deene leschten zwielef Jore ganzer zweemol gebraucht ginn, all Kéiers am Zesummenhang vu Krisen am Finanzberäich. Eng éischt Kéier am Jore 2008, wou et ëm d'staatlech Finanzgarantie fir d'Dexia gaangen ass, an dann dräi Jore méi spéit, Oktober 2011, wéi et ëm d'Restrukturéierung vun dem Grupp Dexia gaangen ass. All Kéiers ass et ëm grouss finanziell Engagementer vum Stat gaangen, déi normalerweis hätte misse konform zum Artikel 99 vun eiser Verfassung per Gesetz gemaach ginn. An deem Fall, well eng Urgence virlooch, huet d'Regierung dat iwwer Règlement grand-ducal gemaach.

Am Kader vun eiser allgemenger Verfassungsreform, iwwert déi mer elo schonn iwwer zéng Jore diskutéieren, sollt fir d'Éischt deen doten Text net geännert ginn, dat heescht den aktuellen Artikel 32.(4) sollt bäibehale ginn. Opgrond alldéngs vun enger Suggestioun vum Statsrot beim Gesetzesprojet iwwert d'Protection nationale ass d'Iddi opkomm, fir nieft der internationaler Kris och d'Hypothesen vun enger nationaler Kris an der Verfassung virzugesinn.

Et ass och doropshin also, dass eng zousätzlech Hypothese, déi vun enger realer Bedroung fir déi vital Interesse respektiv wichteg Bedierfnesser vun der ganzer Bevëlkerung oder Deeler vun der Bevëlkerung, an eis Revisiounsproposition vun der Verfassung iwwerholl ginn ass.

Mä d'Geschicht ass weidergaangen. November 2015 ass et zu deene schrecklechen Attentater zu Paräis komm an doropshin huet d'Regierung sech mat der Chamber zesummegeesat an et ass am Fong gemeinsam decidéiert ginn an enger Sitzung vum Dezember 2015, fir den Artikel 32.(4) op de Leescht ze huelen, fir en och lasszekoppelen aus der allgemenger Verfassungsrevisioun; dat, fir méi Rechtssécherheet ze kréien an deem dote Beräich, well och de Begrëff vun der internationaler Kris net kloer definiéiert ass an e ganz floue Begrëff ass.

Et ass also gemeinsam decidéiert ginn, deen dote Punkt vun der Verfassung emzeänneren. An nodeem mer iwwer verschidden Textentwërf an der Kommissioun diskutéiert hunn, hunn ech a menger Qualitéit als President vun där Kommissioun am Numm vun der Majoritéit vun der Kommissioun den 20. Januar 2016 eng Proposition de révision deponéiert an op den Instanzewee ginn.

Deen Text ass op där enger Säit an d'Richtung gaangen, fir de Champ d'application vun der Krisesituatioun méi breet ze definéieren, wéi dat haut de Fall ass, a wou och zousätzlech d'Hypothesen vun enger imminenter Bedroung duerch grav Verstéiss géint d'öffentlech Uerdnung zrëckbehale ginn ass als méiglech Krisesituatioun.

An op där anerer Säit awer, dat wëll ech besonnesch betounen, ass d'Roll vun der Chamber, d'Interventioun vun der Chamber, dem legislative Pouvoir, an där Ausnahmeprozedur gestärkt ginn, par rapport zu där, wéi mer se haut kennen am 32.(4), wou d'Chamber guer keng Roll spillt. Déi ass gestärkt ginn doduerjer, dass mer hei virgesinn haten, dass d'Dauer vun der Krisesituatioun net dierft iwwer sechs Méint am Totalerausgoen, doduerjer och, dass d'Chamber intervenéiert, soubal déi Krisesituatioun iwwer zéng Deeg dauert. Ass do net e Vott vun der Chamber, dann ass déi Krisesituatioun net méi ginn an de Pouvoir réglementaire vun der Regierung an der spezifescher Situatioun besteet also och net méi.

Nëmmen d'Chamber kann iwwer zéng Deeg eraus decidéieren, mat enger Zweedréttelmajoritéit, also enger Majoritéit, déi normalerweis iwwert d'Regierungsmajoritéit erausgeet, dass déi Krisesituatioun weider besteet. An d'Chamber kann och net fréizäiteg opgeléist ginn, fir ze verhënnere, dass also vun enger Krisesituatioun géif vun der Regierung Gebrauch gemaach ginn, fir sech eng besonnesch staark Majoritéit ginn ze loosse bei esou virgezunnene Neiwahlen.

D'Reglementer bleiwen nëmmen esou laang en vigueur, wéi d'Kris dauert, maximal dräi Méint. Wéi gesot, dat waren alles scho Punkten, déi mer an eiser ursprénglecher Proposition de révision dran haten. Déi si grosso modo och eigentlech am definitiven Text zrëckbehale ginn, deen awer op anere Punkten nach präziséiert a vervollstännegt ginn ass.

Dës Proposition ass vu verschiddene Säite kritesch aviséiert ginn. An nieft dem Prinzip vun der angeblech feelender Präzisioun vun eenzelnen Notiounen am Text war et och de Wunsch, dass sollen nach komplementär Explikatiounen an den Text selwer mat agebaut ginn, déi mer deelweis am Exposé des motifs vun eiser Proposition de révision haten.

An der Chamberskommissioun ware mer beméit, déi dote Kriticken ze entschärfen an, wéi ech gesot hunn, eisen ursprénglechen Text nach op eenzelne Punkten nozebesseren an ze vervollstännegen.

Et war och eng gemeinsam Suerg, dass mer an engem explikativen Text och, deen an den Documents parlementaires nozeliesen ass, fir all déi, déi sech déi Méi maachen, duerstellen, wéi dee ganze Regimm an der Praxis eigentlech ausgesäit a wéi mer déi juristesche Froen, déi sech stellen, gedenken ze léisen. A mir hunn eigentlech eng 100%eg Iwwereneestëmmung kritt an eiser Interpretatioun vun deem neie Regimm par rapport zu där, déi de Statsrot a sengen Avisa ginn huet, soudass also do u sech Rechtssécherheet besteet, wat och déi méiglech Interpretatioun am Detail vun deem heiten Text ugeet.

Besonnesch hu mer eis mat engem kriddeleche Punkt ofginn, deen haut guer net definéiert ass an der Verfassung: Dat ass dee vun der Urgence.

Wéi ass d'Urgence ze interpretéieren? Haut steet just dran, an dat huet bis elo nach kee weider gestéiert, dass et de Grand-Duc ass, deen d'Urgence eigentlech festleet, de Grand-Duc, dat heescht, d'Regierung d'Urgence festleet.

Hei hu mer ganz kloer gesot, dass d'Urgence nëmmen doranner besteet, dass d'Chamber net an der Lag ass, an deene gefuerderten, ganz kuerzen Delaien ze handelen. Also nëmmen dann, an dat ass an Zukunft ganz kloer, nëmmen dann, wann et eng Fro vu Stonnen oder Deeg ass, kann eigentlech d'Regierung soen, dass eng Urgence do ass. Wann et eppes ass, wat an e puer Wochen ze regele wär iwwer normal Gesetzter, da selbstverständlech gëtt et kee Grond, dass de Pouvoir réglementaire eigentlech d'Méiglechkeet huet, fir besteeënd Gesetzter emzeänneren. Da muss déi normal Kompetenzopdeeling spillen. Dat heescht, da muss d'Chamber voll kompetent bleiwen.

Hei also hu mer an der Definitioun vun der Urgence eng ganz restriktiv Definitioun festgehalen, déi also e ganz staarke Garde-fou duerstellt an déi méi restriktiv ass wéi dat, wat mer haut am Artikel 32.(4) bei der internationaler Kris stoen hunn. Dat war also e ganz wichtige Punkt.

De Champ d'application ass méi grouss ginn doduerjer, dass mer also och, an do hu mer eis inspiréiert un dem Gesetz vun der Protection nationale, dat och hei eestëmmeg vun der Chamber guttgeheescht ginn ass, déi Hypothese vun de Calamitéiten zrëckbehalen hunn, andeem mer gesot hunn, dass eben eng Kris och national besteet, wann u sech liewenswichtig Interesse respektiv wa fundamental Bedierfnesser vun der Bevëlkerung oder vun Deeler vun der Bevëlkerung en cause sinn. Natierlech muss ëmmer erëm d'Urgence och gläichzäiteg spillen.

Wat och besonnesch wichteg ass, dat ass, dass mer festgehalen hunn, nach eng Kéier ganz kloer, an do hu mer eng total Iwwereneestëmmung mat der Interpretatioun, déi och de Statsrot gemaach huet, dass mer et hei net mat enger Délégation de pouvoirs ze dinn hu vum Parlament op d'Exekutiv. D'Parlament bleift, och während der Krisesituatioun, bleift am volle Besëtz vu senger legislative Pouvoiren, kann also zu all Moment intervenéieren als Legislateur, kann och zu all Moment intervenéieren als Kontrollorgan vun der Exekutiv. D'Chamber also bleift voll en fonction, ouni iergendwellech Ofstrécher während där Period, während deenen zéng Deeg. Dat ass jo déi maximal Zäit, wou d'Regierung an Zukunft kann nach fir sech selwer decidéieren, dass eng Krisesituatioun besteet.

An da kënnt natierlech déi zousätzlech Barrière mat derbäi - do hu mer eis inspiréiert un och zum Deel auslänneschen Texter -, dass, wann déi Krisesituatioun méi laang wéi zéng Deeg dauert, da muss nom zéngten Dag direkt, den zéngten Dag praktesch, muss spéitstens, an dat gëtt eng grouss Erausforderung, wa sech sollt déi Situatioun stellen, e Gesetz gestëmmt ginn, wou déi Krisesituatioun géif an der Dauer ver-

längert ginn. Dat ka maximal dräi Méint nach verlängert ginn, soudass also déi maximal Dauer vun enger Krisesituatioun am Kader vum Artikel 32.(4) hei zu Lëtzebuerg zéng Deeg plus dräi Méint ass.

Mir wëssen, dass mer elo a Frankräich an der Situatioun sinn, dass se bei der sechster Verlängerung sinn an dass se praktesch elo op zwee Jore Dauer vun enger Krisesituatioun kommen. Esou eppes, esou eng - fannen ech - fatal Ofweichung ass mat eiem Text net méiglech. Mir hunn also hei e ganz, ganz enken, e ganz strikte Kader gesat, dee vill méi strikt ass wéi deen, dee mer haut kennen an der Hypothesen vun der internationaler Kris. An dat, mengen ech, ass och gutt esou.

Ech betounen och: Et geet net duer, dass eng einfach Majoritéit vun der Chamber deklaréiert, dass d'Krisesituatioun iwwer zéng Deeg nach weider besteet, mä dat muss eng Majorité qualifiée sinn. Eng Zweedréttelmajoritéit vun den Deputéierte muss also mat esou enger Decisioun d'accord sinn. Och dat ass also bal nëmme méiglech, wa wierklech eng ganz, ganz breet Iwwereneestëmmung besteet an der Aschtzung vun der Gravitité a vun der Urgence vun der Situatioun.

Selbstverständlech, d'Hierarchie vun de Rechtsnorme bleift ze respektéieren. Dat hate mer ganz kloer geschriwwen an eiem Exposé des motifs zu der Proposition an hu mer elo an den Text selwer iwwerholl. Et ass jo ganz kloer, dass, wann zwar d'Regierung ënner exceptionnelle Konditiounen zäitlech begrenzt d'Méiglechkeet kritt, fir iwwer Règlement grand-ducal besteeënd Gesetzter emzeänneren, och am Domaine réservé à la loi, heescht dat net, dass se kann d'Constitutioun selbstverständlech emänneren. Do muss se natierlech sech dorunner halen. Och international Texter kënnen net iwwer Règlement grand-ducal emgeännert ginn, och opgrond vun dëser spezieller Verfassungsdispositioun net.

Dat hu mer also elo ganz kloer an den Text erguschriwwen a mir hunn eis och inspiréiert un der Jurisprudenz vun dem Europäesche Mënschegerichtshaff vu Stroossbuerg, dee ganz kloer jo och seet, wat iwwerhaapt per Gesetz ka bei Fräiheeten oder Grondrechter vun Aschränkunge kommen. Dat muss ëmmer dräi Konditiounen entsprechen: Esou Aschränkunge müssen noutwendeg sinn, si mussen passend sinn a si mussen verhältnisméisseg sinn. Dat gëllt also selbstverständlech och fir déi Règlement grand-ducallen, déi hei während enger Krisesituatioun kéinte geholl ginn, wann déi Verfassungsbedingunge gi sinn.

Et bleift derbäi, dass mer Enn vun der Kris och automatesch all déi Mesuren, déi d'Regierung geholl huet, verfallen. Si bleiwe gültig natierlech fir déi Effets antérieurs, mä si hu keng Effete méi fir d'Zukunft. En äänleche Prinzip hu mer haut schonn am Artikel 32.(4) stoen. A wann, wéi gesot, d'Krisesituatioun éischter fäerdeg ass wéi dräi Méint an zéng Deeg, dann ass et och schonn éischter eriwuer mat de juristeschen Effete vun deem Ganzen.

Här President, ech kommen esou lues zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Ech wollt awer och vollständegkeetshalber den Text nach eng Kéier virlesen, wéi mer en haut proposéieren.

Den neien Artikel 32.(4) ass also wéi folgt formuléiert: «En cas de crise internationale, de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population ou de péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique, le Grand-Duc, après avoir constaté l'urgence résultant de l'impossibilité de la Chambre des Députés de légiférer dans les délais appropriés, peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires.

Ces mesures peuvent déroger à des lois existantes. Elles doivent être nécessaires, adéquates et proportionnées au but poursuivi et être conformes à la Constitution et aux traités internationaux.

La prorogation de l'état de crise au-delà de dix jours ne peut être décidée que par une ou plusieurs lois votées dans les conditions de l'article 114, alinéa 2 de la Constitution, qui en fixe la durée sans que la prorogation ne puisse dépasser une durée maximale de trois mois.

Tous les règlements pris en vertu de la présente disposition cessent leurs effets au plus tard à la fin de l'état de crise.

La Chambre des Députés ne peut être dissoute pendant l'état de crise.»

Hei gesi mer also ganz kloer, dass mer hei näischt maachen, wat total ausser Norm wär. Ech wëll hei drun erënneren, dass entgéint deem, wat ee vläicht kéint mengen, wann ee Kriticken zum éischten Text gelies huet, praktesch all europäesch Länner esou Noutstandsbestëmmungen hunn. Si sinn net ëmmer an de Verfassunge festgeluecht. Si ginn oft, wéi an





der Belsch oder an Holland, wéi mir et fréier haten, iwwer Vollmachtsgesetz geregelt.

Ech géif lech och bieden, emol déi Texter unzekucken, wat an der spuenescher Verfassung steet, wat an der griichescher Verfassung steet, alles Verfassungen, déi aus Diktature komm sinn, wou also immens opgepasst ginn ass op deenen dote Punkten. Déi si manner präzis wéi eisen Text, et ass mat manner Konditiounen verbonne wéi an eise Text.

Soudass ech wierklech mat rouegem Gewësen, zumindest am Numm vun der grousser Majoritéit vun der Kommissioun, hei soen, dass mer hei eppes maachen, wat an eise Rechtssystem erapasst, wat virun allem eppes soll och verhënneren: Et soll verhënneren, dass mer en Droit d'exception an normale Situatiounen kréien.

Mir sinn der Meenung, dass eis Gesetzgebung soll op déi normal Situatioun opgebaut ginn. Wa sech à titre très exceptionnel eng besonnesch Krisensituatioun mécht, da soll kënnen zäitlech begrenzt och eng spezifesch méi streng Legislatioun kommen. Mä mir sinn net der Meenung, dat ass eng Deviation, déi an eise Nopeschland Frankräich amgaangen ass, ganz kloer ze kommen, déi amgaange sinn, no an no hir exceptionnel Texter, déi nëmme sollte gëlle während dem État de crise, an hir normal Legislatioun ze iwwerhuelen, also praktesch en État de crise permanent ze provoziéieren.

Dat ass glécklecherweis mat eise Text net méiglech. An duerfir géif ech lech recommandéieren am Numm vun der Kommissioun, deenen heiten Text ze stëmmen. D'LSAP-Fraktioun wäert dat selbstverständlech och maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwene Riedner ass den Här Léon Gloden fir d'CSV. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Den Här Berger wäert elo erëm enttäuscht sinn, dat ech schwätzen, an net de Paul-Henri Meyers, mä meng Fraktioun huet eben eng ganz Rei kompetent Leit, déi zu institutionelle Sujete kënnen schwätzen, Här Berger.

## (Interruptions)

Här President, haut steet zur Ofstëmmung en Artikel an der Verfassung, wou mer hoffen, datt en ni muss ugewannt ginn, ni opgrond vun engem terroristeschen Akt, ni weinst enger Naturkatastroph oder zum Beispill engem industriellen Accident.

Mir erënneren eis un déi feig Attacken, déi den 13. November 2015 zu Paräis verübt goufen. Et war en Ugrëff op déi westlech Welt, op eis fräiheetlech Gesellschaft, op eis Wäerter. Dës Attack war deemools déi zweet op Paräis op e Joer gekuckt, nom Iwwerfall op „Charlie Hebdo“.

Zënterhier hu sech Terrorattacke geheeft. Ech denken hei u Bréissel, Nice, Berlin, Stockholm, London, erëm Paräis a rezent Manchester. A mir sollten och am Kader vun där Debatte eng Keier speziell de Victime vun där feigen Terrorattacke gedenken.

Wat bis dohinner fir eis eng Abstraktioun war, gouf op eemol Realitéit. Dofir hu mir eis als CSV, awer net nëmme mir, Froe gestallt, Froen, ob eist Regelwierk et eis erlabe géif, determinéiert ze agéieren, sollt sech esou en Zeenarion hei zu Lëtzebuerg eng Keier presentéieren.

Eise Moosnamekatalog hu mir Enn November 2015 presentéiert. Dozou huet gehéiert, zum Beispill, e séiere Screening vun eise legale Kader am Kampf géint den Terrorismus a fir déi nationale Sécherheet. D'Regierung huet séier en Text proposéiert, deen awer méttlerweil schonn dräimol nogebessert ginn ass, ouni datt d'Chamber consultéiert gouf. Ech schwätze vum Projet de loi 6921.

Mir haten och verlaangt, eng schnell Verofschidung vun de Gesetz iwwert de Geheimdéngscht an d'Ofschaf vum Numerus clausus an deem Service ze kréien, an eng verstärkte Kooperatioun tëschent de Geheimdéngschter, well den Terrorismus...

Deet lech dat laachen?! Bei deem seriöse Sujet?!

## (Interruptions)

Mir haten och eng verstärkte Kooperatioun tëschent de Geheimdéngschter verlaangt,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gliff!

► **M. Léon Gloden (CSV).** - ...well den Terrorismus bekämpft een am effikasse vernetzt, am Verbond mat de Partner. Mir haten eng schnell Verofschidung vum Gesetz iwwert den

Haut-Commissariat à la protection nationale verlaangt an en determinéierte Kampf géint Haasspriedeger a präventiv Mesur géint d'Radikalisierung vu virun allem Jugendlecher.

Mir hunn och den Duerchbroch am Dossier „passenger name record“ begréisst. Dësen Dossier ass jo iwwer laang Zäite vun de Liberalen, de Gréngen an de Sozialisten am Europaparlament blockéiert ginn.

Eng Partie vun eise Fuerderunge goufen ageleest. Den Haut-Commissariat à la protection nationale ass reforméiert ginn, e Projet, deen nach op d'Zäite vum Jean-Claude Juncker zréckgeet. D'Geheimdéngschtgesetz gouf den 9. Juni 2016 mat Ausnam vun der ADR an déi Lénk hei am Chamberplenum guttgeheescht, wat net heescht, datt d'CSV net eng Rei Bedenken ugemellt hat. Mir haten doriwwer eraus awer och kloer eng national Noutstandsregelung gefuerdert.

Här President, d'Fuerderungen no Ausnamerelungen waren net fundamental nei. Och wann de Statsrot a sengem éischten Avis zur Verfassungsreform de Sujet net opgegraff hat, sou huet hien dat am Juli 2013 am Kontext vum Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale nogeholl.

Wann also d'Fuerderung net fundamental nei war, sou war fir eis kloer, datt den initialen Zäitplan misst geännert ginn. Fir eis war et kloer, datt mir d'Noutstandsregelen op national Krise missten erwidern, an zwar schnellstméiglech. Dat hu mir net méi spët wéi den 20. November 2015 gefuerdert an och betount, datt mir dowéinst eng punktuell Upassung vun der Verfassung ustriewe géifen. Dës Fuerderung hu mir den 2. Dezember 2015 op där Plaz am Kader vun den Debatten iwwert déi national Sécherheet an den Terrorismus widerholl.

De Claude Wiseler huet ënnerstrach - ech zitieren -, datt mir eng Ännerung vum Artikel 32 Paragraph 4 vun eiser Constitutioun wëllen, „fir e sougenannten État d'urgence kënnen dann ze declenchéieren, wa mer e brauchen, och dann, wann et sech net nëmme (...) ëm eng international Kris handelt, mä och ëm eng national Kris, well mer propper, institutionell, constitutionnel a gesetzlech Moyene brauchen.“

De Claude Wiseler sot weider: „Mir hunn eis just gewonnen, datt de Minister vun der Sécurité intérieure [deemools] bei verschiddene Presseaussoe gemengt huet, dat wär net noutwendeg. Mir ware frou, de Premierminister ze héieren, deen eis gesot huet, dat e géif wëlle mat [eis] op dee Wee goen.“

Ier den Här Vizepremier, Défense- a Policeminister eis elo, an en ass net hei, gesot hätt, dat wier net esou gewiescht, wëll ech en am Fong zitieren.

Hei d'Aussoen op RTL den 21. November 2015: „Also deen Artikel, doduerch, dass e jo vag ass, léist e villes zou. Elo kann een doriwwer diskutéieren, ob een dee wëllt méi präzis och op de Fall vun Terrorismus adaptéieren. Mä ech mengen, et ass de Moment amgaangen, eng Reform vun der Verfassung gemaach ze ginn, da kann een dat jo eng Keier diskutéieren an deem Kader. Mä ech kann lech awer soen, datt deen Artikel eis awer all Moyene gëtt, déi mer eigentlech brauchen, fir kënnen virzegoen.“

Här President, ech hunn elo vill iwwer Terrorismus geschwat. Ech hunn dat hei gemaach, well sech déi Diskussioun ëm den Noutstand bei nationale Krisen an deem Kontext ofgespillt huet. 2015, wéi mer dem Opruff vum Statsrot eng éischte Keier nokomm sinn, stounge mer wéi gesot ënnert dem Schock vun „Charlie Hebdo“. Et ass och réckbléckend gekuckt déi éischte Keier, datt den Artikel 32 Paragraph 4 an där Perspektiv gehandelt gouf.

Virun 2004, an de Rapporteur ass dorobber agaangen, huet d'Chamber jo all Joer eng Loi d'habilitation gestëmmt an domat dem Grand-Duc de Pouvoir ginn, am Noutfall vum Gesetz ofweichend Regelungen ze erloossen. Dat Ganzt war op Moosname wirtschaftlecher oder finanzieller Natur begrenzt.

Mat der Verfassungsännerung vum 19. November 2004 war kee Gesetz méi néideg. De Grand-Duc gouf direkt vun der Verfassung habilitéiert, an der Nout an am Fall vun enger internationaler Kris entgéint besteeënd Gesetzer kënnen ze handelen. D'Dauer vun esou Reglementer war op dräi Méint limitéiert. Dësen Artikel koom fir d'Éischt am Kontext vun der internationaler Finanz- a Wirtschaftskris zum Drogen. D'Reglement vum 10. Oktober 2008 huet d'Regierung autoriséiert, der deemoleger Dexia-Grupp eng Garantie an Héicht vu maximal 4,5 Milliarden Euro ze ginn. D'Reglement fousst direkt um Artikel 32.(4) vun der aktueller Verfassung.

Ech hunn et ugedeit, den 32.(4) vun der Verfassung ass och an Zukunft net op de Fall vun

terroristeschen Attacke limitéiert. Niewent der imminenter Gefor, déi duerch schlëmm Ugrëff op eis éffentlech Sécherheet ausget, zum Beispill no Attacken, spillt den Artikel och am Fall vun internationale Krisen, voire bei reelle Menacë fir déi vital Interesse vun eiser Populatioun. Ech denken do méi konkret u schlëmm Naturkatastrophen.

Här President, mir stëmmen haut eng éischte Keier iwwert d'Extensioun vum Noutstand op national Krisen of. Dem Här Bodry e grouse Merci fir déi vill Aarbecht, déi hie sech gemaach huet iwwer all déi Méint, an och fir säi méndlechen a schrëftlechen Rapport.

Ech hunn et gesot, mir stinn hannert deem Artikel. D'Chamberskommissioun huet sech et iwwregens net einfach gemaach, wat d'Formuléierung vum Artikel ugeet. Mir hunn och d'Avis vum de verschiddene Kummeren wéi och der Zivillgesellschaft oft an och kontrovers diskutéiert. Tëscht September 2016 a Mäerz 2017 huet d'Chamber sech an eeel Sëtzunge mat dem Sujet befaasst.

Et gouf sech net nëmme mat der Noutwendegkeet vun der Neiverfaassung vum Artikel 32 Paragraph 4 beschäftegt. Och d'Risiken an d'eventuell Abusen, déi sech aus dem Noutstand kéinten erginn, goufen in extenso diskutéiert.

Fir d'CSV ass et dofir kloer, an dat muss een hei eng Keier soen, datt den Artikel och a senger aktueller Verfassung net där duerhalen, esou wéi d'Situatioun sech haut presentéiert, fir méi Opfangstrukture fir Flüchtlinge kënnen ze schafen.

Eng Journalistin hat an dem Zesammenhang vun engem geféierleche Gedankespill geschwat. D'Journalistin sot, datt de Problem besteet, datt d'Regierung mat Lichtfankegkeet a Betruecht zitt, rechtsstaatlech Prinzipien dem Pragmatismus ze afferen, amplaz hir Responsabilitéit ze iwwerhuelen. An op deem Punkt gi mir der Madamm honnertprozenteg recht.

## (Interruption)

„100,7.“

► **Une voix.** - Ah!

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Här President, wat déi genee Formulatioun vum Noutstandsartikel ubelaangt, sou louche verschiddene Optiounen um Dësch. Dee Modell, mat deem mir am meeschte vertraut sinn, ass, weinst der Aktualitéit, de franséischen. De Statsrot huet sech kuerz mat der Fro vun enger Loi-cadre à la luxembourgeoise beschäftegt, engem Gesetz, wat eigentlech Moosnamen, déi am Noutfall zum Droe kommen, géif festschreiwen. De Statsrot beschreift d'Avantage vun esou engem System, huet seng Analys awer net weider verdéift. Hie seet just, datt esou eng Loi-cadre net all d'Mesuren, déi néideg wieren, kéint virgesinn.

Den Avantage ass, datt een am Virus weess, wat fir eng Mesur geholl ginn. Op där anerer Säit ass et net auszuschléissen, datt de Katalog vun de Mesuren awer muss opgrond vun de Fakten adaptéiert ginn. Mir hunn a Frankräich gesinn, datt an der Zäit eng Rei Adaptatiounen gemaach gi sinn.

Déi zweet Ausso vum Statsrot, datt esou eng Loi-cadre, déi jo eigentlech déi reglementaresch Mesur virzeecht, géif riskéieren, zum Droit commun ze ginn, ass manner nozevolzéien. Vu datt dës Moosname jo just an Ausnahmefäll zum Droe kommen, ass et jo de Géigendeel vum Droit commun. Aner Modeller wiere méiglech gewiescht, sou zum Beispill de spuenesche Modell, deen tëschent État d'alerte, État d'exception an État de siège ënnerscheet.

Här President, d'Chamberskommissioun ass en anere Wee gaangen. Mir hunn dës Aarbechte konstruktiv begleet a wäerten dofir och dës Propositionen matstëmmen. Den éischten Entworf vum Här Bodry gouf opgrond vun diversen Avisen nach e puermol ofgeännert.

Et goufe fundamental Ännerungen op diversen Niveaue gemaach. Den État d'urgence kann net declenchéiert ginn, wann déi tatsächlech Bedroungslag zum Beispill nëmme „wesentlech“ Bedürfnisser vun engem Deel oder der ganzer Populatioun betrëfft. De Statsrot huet op deem Punkt e Rückzéier gemaach par rapport zu sengem Avis iwwert den HCPN. Fir kënnen declenchéiert ze ginn, müssen déi „vital“ Interesse vun engem Deel oder der ganzer Populatioun menacéiert sinn.

Méi restriktiv gouf och de Volet vun enger imminenter Gefor duerch schwéier Ugrëffer op déi éffentlech Sécherheet formuléiert. Déi éffentlech Uerdnung ass der éffentlecher Sécherheet gewach. Déi éffentlech Uerdnung, jee no Interpretatioun, kann och déi éffentlech Rou, Hygien an d'Sécherheet betreffen. Dat kéint ganz wäit féieren. Dofir hu mir eis drop verstänneg, just de Volet vun der éffentlecher Sécherheet zréckzebehalen. Eppes, wat de

Statsrot, deen éischter kritesch zu dem Element stoung, herno awer begréisst huet.

D'Urgence gëtt begrënt mat der Onméiglechkeet fir de Legislatuer, ganz kuerzfristig kënnen ze handelen. De Rapporteur ass op déi Konditioun hei och méndlech in extenso agaangen. Och gouf de Kritär vun der Verhältnismäissegkeet am Verfassungstext verankert. Wichtig ass och, datt d'Exekutiv mam Ausnahmestandard déi verfassungsrechtlech Uerdnung, voire international Traitéen net aushiewele kann.

Eng weider Garantie, datt d'Chamber weiderhin d'Soen huet, besteet doran, datt d'Chamber muss decidéieren, ob den État d'urgence verlängert gëtt bis zu dräi Méint an net, wéi initial ugeduecht, sechs Méint.

D'Chamber, an dat ass och ganz wichteg, därer während dem État de crise, esou steet et am Text, net opgeléist ginn.

Här President, dat si wichteg Garantien an engem Rechtsstat an et ass och wichteg, datt déi Garantien an der Verfassung verankert ginn. Nieft der parlamentarescher Kontroll ass et wichteg erwirzesträichen, datt och d'Gerichter kënnen mam Ausnahmestandard befaasst ginn.

D'Regierung muss also domat rechnen, datt, wa se beabsichtige sollt, den Noutstand ausserufen, d'Urgence och vun de Gerichter ka gepréift ginn. Noutstandsregele sinn also kee Fräischäin un eng Regierung, mä ënnerleien enger strikter richterlecher Kontroll.

Sollt den Noutstand dozou féieren, datt och den Artikel 15 vun der Mënscherechtskonvention misst akcionéiert ginn, riskéiert d'Regierungsschaffen och der Kontroll vum Mënscherechtshaff ënnerworft ze ginn. Bis dato, esou steet et an enger Fiche thématique vum Europäesche Mënschegerichtshaff, hunn néng Länner dës Mechanismen betätigt an a véier Fäll koom et zu engem Gerichtsprozess virum Mënscherechtshaff.

Här President, mir stëmmen haut eng éischte Keier d'Ofännerung vum 32.(4). Et ass dofir un der Zäit, datt d'Regierung sech Gedanke mécht, wann et net scho geschitt ass, wéi si beabsichtigt, esou e Règlement d'urgence ze verfaassen. An eisen Ae sollt an deem Projet och schonn e Moosnamekatalog mat Mesuren, déi am Ausnahmestandard kéinten zum Droe kommen, virbereet ginn a gegebenenfalls an der Zäit komplettéiert ginn.

Ech lancéieren dofir en Appell un eis Regierung, der Chamber esou schnell wéi méiglech en éischte Projet ze presentéieren. Nëmme esou kann och am Noutfall schnell effikass agéiert ginn an net iwwerstierzt.

Här President, mir als CSV hunn eng punktuell Upassung vun 32.(4) gefuerdert a stëmme selbstverständlech dem Text zou.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gloden. An nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Beissel fir d'DP.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, den État d'urgence, dee mir haut de Mëtten hei belichten, ass jo beileiwe keen neit Konzept, weder am Ausland nach hei zu Lëtzebuerg, an den Artikel 32.(4), dee mir hei wëllen ëmänneren, dee gesäit elo scho vir, dass an der Urgence kënnen Reglementer geholl gi vum Pouvoir exécutif fir eng Dauer vun dräi Méint.

Den Artikel 32.(4), dee mir, wéi gesot, elo ëmänneren - an ech wëll dat direkt ënnersträichen, well dat war jo e Souci vu ganz ville Leit och dobaussen, et waren op eemol Artikelen an der Press, ob net d'Enn vum Rechtsstat géif agelaut gi mat där heiten Emännerung -, gesäit beileiwen net vir, fir d'Rechter vum Parlament, also eis eege Rechter ze limitéieren.

Ech mengen, et geet haaptsächlech dorëm, dass mer méi genau Definitiounen kréien vum Termen: Wat ass eng international Kris? Wat ass eng national Kris? An dat ass haaptsächlech net evident an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg. Mir si jo awer trotzdem net méi grouss wéi eng méttelgrouss däitsch Stad an hunn awer de Problem vun engem grouse Land. A wann een da muss esou Termen definéieren, ass dat net einfach.

Huele mer just einfach Beispiller, déi mer allequerte gutt kennen, Cattenom zum Beispill. Wann do e Virfall ass, ass dat eng international Kris fir Lëtzebuerg? Oder ass et eng reng national? Am Fong géif ech soen: Vu d'Proximitéit ass et béides.





An dann derniewent, et ass schonn hei vill vu menge Virriedner vum Terrorismus geschwat ginn, mir wëssen alleguerten, dass dat en international Phenomeen ass, wat viru kenge Grenzen Halt mécht. An do ass dann och d'Fro: Wann en Attentat elo zu Lëtzebuerg geschitt, ass dat dann national oder international? Wat bréngt dat mat sech?

Ech mengen, d'Wichtigkeet vun der Ëmännerung, déi mer haut maachen, déi erkennt een eigentlech dorun, an den Alex Bodry huet et mat aller Däitlechkeet gesot, dass, wann een eng ganz streng Liesaart vun der aktueller Mouture vum Artikel 32.(4) mécht, et grad net duergeet, wann een nëmmen op internationale Krise schafft, den 32.(4) ze declenchéieren an déi Mesuren ze huelen. An duerfir hu mer gesot, mir versichen elo, Kloertext ze maachen an den Text ze verbesseren.

A wéi déi ganz Attentater komm sinn 2015 haaptsächlech an 2016, ech huelen elo emol nëmme Frankräich, de Léon Gloden hat se mat allen Detailer nach opgezielt, ass et jo ganz justifiéiert gewiescht, dass eise Premier Xavier Bettel d'Kommissioun gefrot huet, fir eben den Text ze verbesseren, fir dass de Pouvoir exécutif am absoluten Noutfall nach kéint méi effikass schaffen.

Et ass och schonn hei ugekënnegt ginn, dass déiselwecht Ëmännerung jo och scho virgeschloe ginn ass vum Statsrot am Projet iwwert d'Protection nationale.

Wéi gesot, ech wäert net méi an den Detail - ech sinn den drëtte Riedner - vun deem ganzen Artikel 32.(4) goen. Den Alex Bodry huet dat op eng exzellente Manéier mat alle Facettë beleicht.

Ech wëll awer, Här President, wierklech nach e puer Wieder verléieren zu deene Kriticken, déi dobausséier komm sinn, well, wéi ech gesot hunn, verschidde Leit geduecht hunn, mir géifen e Polizeistat ginn, et wier d'Enn vum Rechtsstat, an déi wierklech katastrophal Artikel geschriwwen hunn.

Viridrun, déi Geschicht vun där Madamm, wat Der ugeschnidden hutt, hat ech och gelies. Mä ech muss awer soen: Dat ass awer eng Interpretatioun an dem Artikel, déi geet mir e bësselche wäit. Ech mengen, do kann een nach ganz aner Saachen doranner setze wéi dat, wat d'Kommissioun no villen Diskussiounen gemaach huet.

Wat ech wëll soen zu de Kriticken: Jo, déi alleréischte Mouture vun dem Rapporteur-auteur Alex Bodry, déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn, war vläicht net perfekt. Mä ech kann lech soen: Dat do sinn Texter, déi extrem schwierig sinn, fir se perfekt ze maachen, well souguer och wann een an de Verfassunge kuckt vun den anere Länner, do gëtt et ganz oft esou Mininuanzen, an dat mécht awer grouss Effeten.

An no ganz villen Diskussiounen an der Chamberskommissioun an no dräi Aise vum Statsrot hu mer eis do op en Text geeenegt, an ech wëll wierklech dem Alex Bodry Merci soen, dee sech extrem vill Méi gemaach huet, fir erëm eng Kéier um Text ëmmer erëm ze feilen an ze schläifen an déi kleng Nuancen dranzekréien, déi mer alleguerten an der Kommissioun dra wollten hunn. An den Text, dee mer elo hunn, an den Alex Bodry lech viridru virgelies huet, deen ass a sengem Libellé fir mech exzellent!

Neen, et gëtt net limitéiert. Neen, et gëtt net verschlechtert par rapport zu deem, wat den aktuellen Artikel 32.(4) haut schonn hiergëtt. A wann ee genau kuckt, dann ass et u sech deen neien Text, dee méi Präzisiounen gëtt, Definitiounen op de Metier hält. An ass méi streng am Prinzip wéi deen, dee mer haut hunn. An duerfir sinn d'Rechter vun dem Parlament nach besser ofgeschéiert.

Ech ginn lech just e puer Beispiller, déi an deem Text sinn, déi mer ganz wichtig sinn: Den Zousaz, dass d'Reglementer, déi während dem État d'urgence kënnen geholl ginn, mussen verfassungskonform sinn, mussen konform sinn zu den internationalen Traitén, mussen proportionéiert sinn zu dem viséierten Zil. Dat ass ganz wichtig, dass dat ganz kloer drasteet.

Wat och ganz wichtig ass, an ech mengen, dat war e Souci vu ganz ville Leit: Wa muss verlängert ginn - an et ass vu menge Virriedner och ënnerstrach ginn, wa verlängert gëtt iwwert den Delai vun zéng Deeg, bon, Dir wësst, dass et aktuell dräi Méint waren, elo hu mer et verschäert -, wa verlängert gëtt iwwert den Delai vun zéng Deeg, da muss dat iwwer Gesetz geschéien, an net nëmmen iwwer Gesetz mat normaler Prozedur, mä iwwert d'Gesetz, wat

mer haut och uwennen, dat heescht den Artikel 114 Alinea 2, deen déi verschäert Prozedur mat der Zweedréttmajoritéit virgesäit, also nach eng duebel Ofsecherung.

Och ass wichtig, dass während dem État de crise d'Chamber net kann opgeléist ginn. An als véierte Punkt, wat mer och ganz wichtig schéngt, dat ass, dass d'Chamber an d'Gerichter zesumme kënnen d'ganz Aktivitéit vum Pouvoir exécutif kontrolléieren, wann eben État de crise ass, fir genau déi Règlementer ze kucken.

Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech géif lech soen, mir hu wierklech akribesch un deem Text geschafft, ganz genau gekuckt, ob mer géifen en equilibréierten Text maachen, deen de Rechtsstat géif bewahren, an op där anerer Säit awer der Regierung géif erlaben, wann et wierklech ganz heftig kënnt, fir schnell an effikass kënnen ze schaffen.

An ech kann lech soen, mat deem Text, dee mer elo virleien hunn, hunn ech mäin Apaisement. An duerfir ginn ech och ouni Bedenken den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Beissel. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Fir d'Éischt wëll ech all menge Kolleegen Deputéierten a Juriste Merci soen, déi viru mir geschwat hunn. Merci fir hir detailléiert Ausféierung hei, Merci awer och virun allem fir déi engagéiert Matarbecht an der Kommissioun. An de Merci gëllt natierlech ganz besonnesch fir de President vun der Kommissioun, den Här Bodry.

Ier ech dann am Numm vun der grénger Fraktioun op den Inhalt vun der Proposition de révision aginn, wëll ech kuerz op d'Ëmstänn agoen, wéi et zu dëser Proposition komm ass an och e puer méi allgemeng Aussoen iwwert den État d'urgence oder, wéi mir et festgehalten hunn, den État de crise maachen.

Éischters, d'Proposition de révision vun eiser Verfassung, d'Proposition 6030, hat an hirer éischter Versioun keng Annerung vum aktuellen Artikel 32.(4) virgesinn. Déi Annerung ass eréischt op Recommendation vum Statsrot entstanden. Mir waren eis dunne och bal alleguer eens, dass déi Formulatioun, wéi mer se haut an eiser Verfassung stoen hunn, wou eleng am Fall vun enger Urgence an enger Crise internationale speziell Règlementer kënnen vun der Regierung geholl ginn, ze kuerz gegräff ass.

Et ass och de Fall vun enger Crise nationale virstellbar an et ass och haut net ëmmer einfach, ze definéieren, wat dann elo eng Crise internationale ass a wat net.

Zweetens, mir hunn also fir d'Éischt d'Proposition de révision 6030 amendéiert an dunne awer decidéiert - an dat war, et ass scho gesot ginn, ënnert dem Androck vun den Attentater vu Paräis vum 13. November 2015 -, net ofzawaarden, bis mer déi nei Verfassung duerch d'Instanze bruecht hätten, mä méi schnell ze handelen.

Am Oktober 2016 hate mer schonn den Artikel 32.(3) ajustéiert, wou et ëm d'Matière réservée à la loi gaangen ass. Et ass also net déi éischte Kéier, wou mer mengen, et géif eng bestëmmt Urgence ginn an et wier besser, net ofzawaarden, bis mer eng nei Verfassung hunn. Haut geet et, wéi gesot, ëm den État de crise. A wat fir mech dann och nach ëmmer e bëssen erstaunlech ass, ass, dass no deene laangen Diskussiounen mat deene ville Juristen déi Annerungen, déi mer haut proposéieren an zum Vott stellen, net identesch si mat den Annerungen, wéi mer d'Proposition de révision 6030 amendéiert haten.

Drëttens, mir schaffen elo scho méi wéi zéng Joer en enger Revisioun vun eiser Constitutioun. Dës Revisioun huet sech och zu wäitass méi wéi just enger Revisioun entwéckelt. Mir schwätze vun enger neier Verfassung. Ofgeschloss kréie mer déi Aarbechten net méi an dës Legislaturperiod. Vläch, esou hat ech op alle Fall nach bis gëschter gemengt, kréie mer se awer nach op eng Schinn gesat, déi esou stabil ass, dass no den nächste Chamberswahlen den Zuch schnell u sengem Zil ukënn.

Mir geséichen et op alle Fall als traureg a blamabel, wann no den nächste Wahlen all déi Diskussiounen an déi Resultater, déi mer eis an engem méiglechst breede Konsens erschafft hunn, net méi géife gëllen. Et gesäit awer leider duerno aus, wéi wa mer an déi Richtung géife goen.

Här President, am Fall vun enger grousser Kris muss d'Regierung kënnen séier handelen. Dat schéngt eng Noutwendegkeet ze sinn. Dat ass awer och einfach d'Flicht vun enger Regierung. Den Här Bodry huet och déi zwee Beispiller op-

gezielt, wou dat schonn de Fall war. An dat war all Kéiers, an dat ass och emol interessant ze soen, dat war net am Kader vun Terrorismus, et war am Kader vun der Bankekris, vun enger finanzieller Kris, wou zweemol den Artikel 32.(4) ugewannt ginn ass.

Mir waren eis awer och alleguerten eens, dass och eng grouss Kris kee Blankoscheck fir eng Regierung ka sinn, wou se ënnert dem Deckmantel vun der Urgence an der Kris praktesch alles maachen dierft an duerno net kéint zur Rechenschaft gezu ginn. Dat geet net an engem Rechtsstat. An duerfir brauche mer eng Rumm, wéi mer am Fall vun enger Kris fonctionnéieren. De Statsrot seet a sengem éischten Avis ganz zu Recht: «Circonscrire l'état de crise nationale est un exercice délicat et lourd de conséquences. La formulation doit être réfléchie et cohérente.» D'Madamm Beissel hat et zesummegefaasst. Et ass guer net esou einfach, fir esou en Text auszuschaffen.

Den Auteur vun der aktueller Proposition de révision hat seng Propos ënnert dem Androck vun den Attentater vu Paräis am Januar 2016 deposéiert. An do stellt sech da schonn och emol direkt d'Fro, ob d'Méiglechkeet, fir den État de crise auszeruffen, iwwerhaupt eng adequat Mesure ass, fir op d'Menace vum Terrorismus ze reagéieren.

Däitschland an d'Belsch hu keng spezifesch gesetzlech Mesurë fir en État d'urgence agefouert. Eis franséisch Noperen dogéint, déi haten den État d'urgence no den Attentater vum 13. November 2015 dekretéiert an och ëmmer erëm verlängert. Bis haut sinn Hausdurchsuchungen an Hausarrest ouni juristesche Kontroll 24 Stonnen op 24 Stonne méiglech. Den Här Bodry hat dat och ganz beandrockend hei geschildert.

Den État d'urgence schränkt eis Fräiheeten an. En État d'urgence, dee keen Enn kritt, schuet dem Rechtsstat. Eng Erweiterung vun der Kompetenz vun der Exekutiv steet zwar op der Wonschlécht vu ville Regierungen, ass an eisen Aen awer generell net wëschenswäert. Duerfir si mer frou, dass mir mat der Versioun, déi mer haut virleien hunn, eng gutt duerchduechten a virsiichteg Rumm opgestallt hunn, fir den État de crise ze geréieren.

Mir sinn och der Meenung, dass déi aner Méiglechkeet, fir op Menaces terroristes ze reagéieren, eng allgemeng Verschäerfung vun eiser Legislatioun am securitéit Beräich wier, an dat wier nach eng vill méi schlecht Léisung.

Eng drëtt Méiglechkeet, fir einfach näischt ze maachen, schéngt eis naiv. Mir brauchen eng gesetzlech Rumm, déi eis et erméiglecht, déi Leit ze bekämpfen, déi eis Aart a Weis ze liewe wëllen zerstéieren. Mir dierfen awer och net iwwerregéieren an eis Aart a Weis ze liewe selwer ofschafen. Et gëtt keng absolutt Sécherheet an engem demokratesche Stat. Mir mussen ganz virsiichteg si bei Leit a bei politesche Stréimungen, déi eis esou eng absolutt Sécherheet wëlle versprechen.

Fräiheet oder Sécherheet? Ech mengen, dass ass kee Choix. Mir brauche Fräiheet a Sécherheet. An ech sinn der Meenung, dass mer eis am Zweifelsfall fir d'Fräiheet sollten entscheeden. Zur Fräiheet gehéiert awer och d'Gefill vu Sécherheet an d'Aschränkung vun der Fräiheet féiert net, a scho guer net automatesch zu méi Sécherheet.

Jo, d'Menace terroriste ass eng traureg Realitéit ginn a praktesch alle Länner op der Welt, och an den europäesche Länner. Mir sollten awer net vergiessen, dass d'Menace terroriste nach vill méi grouss ass a Länner, déi manner demokratesch Fräiheeten a méi en autoritäre Regime hunn: vill Géigenden am Noen Osten, a Südamerika, Russland, Tierkei. Wa mer d'Demokratie wëlle schützen, andeems mer d'Fräiheet vun de Bierger aschränken, riskéiere mer, d'Demokratie ze schwächen an d'Sécherheet awer net méi grouss ze kréien.

An deem Sënn si mer frou, dass mer net méi an eiser Propositionen hei vum État d'urgence, mä vum État de crise schwätzen. Mir si frou, dass déi ursprénglech Tournure vun „atteinte grave à l'ordre public“ duerch „atteinte grave à la sécurité publique“ ersat gouf. L'„ordre public“ ass och esou een Term, dee virbelaascht ass an deen och ënnerschwellig e gewëssene morallesche Bäigeschmaach huet.

Mir sinn och frou, dass den Term „en cas de menaces réelles pour les besoins essentiels de tout ou partie de la population“ net zréckbehale gouf. Och wann den Term esou am Gesetz iwwert den Haut-Commissariat a la protection nationale als Definitioun vun enger Kris gebraucht gëtt, ass et richtig, fir an eiser Verfassung d'Kris méi restriktiv ze definéieren. Mir halen hei just „en cas de menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population“ fest.

Mir sinn also der Meenung, dass et richtig ass, am Fall vun enger internationaler oder nationa-

ler Kris, am Fall vun enger reeller Bedroung vu liewenswichtigen Interessen, am Fall vun enger imminenter a grousser Bedroung vun eiser Sécherheet eiser Regierung zouzegestoen, Règlementer ze huelen, déi natierlech mussen konform zu der Verfassung sinn, déi awer aner Gesetzgeber kënnen zäitweis ausser Kraaft setzen.

Bei dës Konditioun vu Gravititéit kënnt allerdings eng zweet Konditioun derbäi, déi vun der Urgence, an déi schéngt eis mindestens esou wichtig ze si wéi déi éischt. D'Gravititéit eleng vun engem Evenement ka keen Argument sinn, fir d'Chamber aus hirer Responsabilitéit ze entloossen an der Regierung méi Responsabilitéit zouzegestoen.

Fir eis ass et kloer, dass och an enger Krisensituatioun d'Chamber weiderhi muss hir Aufgabe wouerhuelen a mer och weiderhin eng Trennung tëschent dem legislativen an dem exekutiven Pouvoir hunn. Just wa mer an enger Situation sinn, wou d'Chamber net schnell genuch ka reagéieren, an de Rapporteur huet dat och däitlech hei gesot, dass heescht, d'Chamber huet net Zäit genuch, fir ze legiferéieren, da soll d'Regierung net an eng Schockstarre verfallen, mä handlungsfäeg sinn.

An et ass och kloer, dass esou eng Situatioun just esou laang wéi néideg an esou kuerz wéi méiglech undauere kann. An duerfir hu mir zwou zäitlech Begrenzungen an den Artikel 32. (4) agebaut. D'Mesures de crise dierfen nëmme fir zéng Deeg vun der Regierung geholl ginn. Solle se méi laang daueren, da muss d'Chamber dat esou decidéieren, an zwar mat engem Vott vun enger Zweedréttmajoritéit sans procuration.

D'Mesures de crise dierfen och nëmme maximal dräi Méint gëllen. All déi Règlementer, déi d'Regierung ënnert de spezielle Konditiounen vum État de crise geholl huet, halen op ze wierken, wann den État de crise opgehuewe gëtt. Et ass gutt, dass mer eis dës konstitutionnell Rumm ginn, engersäits fir dass eis Regierung handlungsfäeg bleift, anerersäits och fir d'Regierung ze schützen.

Et ass jo duerchaus denkbar, dass Decisiounen mussen geholl ginn, déi enger Privatpersoun ee Schued bréngen. Et ass vum Afreiere vu Bankkonte rieds gaangen. Et kéinten och aner Decisiounen ginn, déi zu engem Verdréngschtaufall féieren, well se eng normal Ausféierung vun enger geschäftlecher Aktivitéit net méi zouloossen. Dann ass et scho wichtig, dass ee Kader steet, deen der Regierung hir Aktiounen legitiméiert.

An et ass och wichtig, dass an der Proposition de révision steet, dass d'Chamber net kann an engem État de crise opgeléist ginn. Dëst ass eng Mesure de précaution. Eventuell misst dat net dosto. Mir haten an der Kommissioun awer decidéiert, fir op Nummer sécher ze goen an eventuellen Abuse vun der Exekutiv keen Närbuedem ze loossen.

Bleift natierlech nach de Problem vun enger Kris, déi optrëtt, wann d'Chamber opgeléist ass viru Wahlen. Mir kréie wahrscheinlech och net all Krisensituatioun mat deem Text hei gemeeschtert. Mir hunn d'Kris restriktiv definéiert. Mir hu speziell Règlementer vun der Regierung op d'Gravititéit an op de Fait reduzéiert, dass d'Chamber zäitlech net schnell genuch op eng Urgence ka reagéieren. Mir hunn der Chamber d'Recht gelooss, zu all Moment kënnen ze legiferéieren.

Här President, ech hunn d'Gefill, dass mer hei an der Kommissioun eng gutt Aarbecht gemaach hunn, an ech bréngen duerfir och den Accord vun der grénger Fraktioun zu der Proposition de révision 6938.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding fir d'ADR.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Eier ech op de konkrete Projet aginn, e klengt Wuert zu deene punktuelle Verfassungsännerungen. Wéi all Verfassungsännerung kéint dës Proposition net gestëmmt ginn ouni d'Zoustëmmung vun der CSV, well jo zwee Drëttel vun den Deputéierte mussen d'accord sinn. D'CSV huet iterativement deklaréiert, si wier géint weider punktuell Verfassungsännerungen. Déi heite stëmmt se dann awer mat.

Firwat zum Beispill net déi, déi de Fernand Kartheiser am Numm vun der ADR abreucht huet iwwert d'Lëtzeburger Sprooch, wou mer eis alleguerten heibannen eens sinn, dass dat soll kommen: «La langue du Luxembourg est le luxembourgeois.

La loi règle l'emploi des langues luxembourgeoise, française et allemande.»?

Firwat net déi Propositionen, déi ech erabruucht hunn am Numm vun der ADR iwwert den Déierschutz, wou mer sot, den Artikel sollt





vervollstännegt ginn: «L'État reconnaît aux animaux le statut d'êtres vivants doués de sensibilité et veille à protéger leur dignité et leur bien-être.»?

Neen, deen heite Projet gëtt virgezunn aus...

#### (Interruption)

Jo, et geet ëm d'Sécherheet vum Land. Den Här Gloden schwätzt mat Recht vun deene grausamen Terrorattacke Bataclan, Bréissel, Manchester, ech ziele se net alleguerten op. Dir hutt ganz recht. Mä hu mer haut keng Gesetzer, déi erlaben, do anzetrieden? An ech mengen, do ass en Denkfeeler.

#### (Interruption)

Neen, wann ech gelift. Ech hunn nëmmen zéng Minutten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir schwätzt...

► **M. Roy Reding (ADR).**- Duerno, wann ech herno nach Zäit hunn, gären, da kann den Här Gloden mer gären eng Fro stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mä Dir schwätzt den Här Gloden direkt un, also sinn ech der Meenung, dass den Här Gloden och dorop ka reagéieren.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Während der Ried? Jo?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Net direkt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Selbstverständlich! Selbstverständlich, de Président kann d'Wuert ginn, wann e wëllt. Dat Reglement kënnt Der nokucken.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Maja, da soll den Här President dat maachen.

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëllt den Här Reding dorobber hiweisen, datt mer gesot hunn, mir wiere fir d'Ofännerung vun dësem Artikel, a mir sinn net géint eng generell Annerung vun der Verfassung, mä géint den Timing.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo!

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Mä Dir verkaaft dat jo ëmmer ganz populistesch op typesch ADR-Manéier.

#### (Brouhaha général)

► **M. Roy Reding (ADR).**- Absolutt net. Mir hunn hei vu punktuellen Annerunge geschwat, ob déi solle kommen, ob punktuell...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift!

► **M. Roy Reding (ADR).**- ...Ännerunge solle kënnen kommen, jo oder neen. Mir hunn net iwwer eng generell Verfassungsreform geschwat. Dovun hunn ech net geschwat. Ech hu vun der Noutwendegkeet oder vun der positiver Attitud zu punktuellen Annerunge geschwat.

An Ärer Stellungnam seet d'CSV zu dëser Verfassungsännerung, d'Regierung misst kënnen agéieren a Krisesituatiounen. Do stellen ech mer ganz einfach d'Fro: Ka se dat haut net? D'Regierung ka jo agéieren. Hei geet et drëm, datt mer hir de Pouvoir ginn ze legiferéieren.

Ech wëll einfach drun erënneren, mir hunn och haut Gesetzer, déi erlaben, datt een Untersuchungsrichter ee Mandat de perquisition ausstellt, datt d'Leit an d'Détention préventive gesat ginn, datt d'Konte saiséiert ginn et cetera pp. Et ass net, wéi wa mer haut keng Gesetzer hätten a wéi wa mer misste waarden, datt en Terrorakt geschitt, fir datt d'Regierung da kéint agéieren.

Wat sinn also déi Punkten, wou d'Regierung wëllt legiferéieren? Wéi wäit wëllt se dann iwwert déi aktuell Gesetzgebung erausgoen? A wat sinn dann déi Noutstandsgesetzer, déi se wëllt erloossen?

Mir denken als ADR, datt et en duebelen Denkfeeler gëtt. Éischstens kéinte mer e Gesetz maachen oder eng Verfassungsreform, déi der Chamber erlaabt, kuerzfristeg ze legiferéieren, wann dat dann néideg ass, als éischte Pouvoir hei am Land.

An zweetens, wa mer wëssen, datt kënnen Ausnamesituatiounen geschéien, datt kënnen Krisen optauchen, datt kann e groussen Terrorakt geschéien, datt d'Cattenom kann an d'Luucht fléien, ma da kommt, mir huelen haut a Rou a mat Aemooss déi Gesetzer, déi sech dann dee Moment imposéieren!

Firwat soll d'Chamber haut a Rou net kënnen besser legiferéiere wéi d'Regierung dann an deenen zéng Deeg vun der absolutter Kris? Firwat soll d'Regierung dat an deenen zéng Deeg besser kënnen maache wéi mir heibannen an den nächste Wochen a Méint? Dat ass dach d'Fro, déi sech stellt.

An den Auteur Alex Bodry gëtt jo och zou an engem Interview mat der „woxx“ vum 26.5.2016, datt „constitutionnaliser l'état d'ur-

gence“ wier virun allem do, fir den Droit commun net mussen ze muscléieren. An do soe mir eben...

#### (Interruption)

...an do soe mir eben de Contraire. Kommt, mir maachen dat haut, kommt, mir gesinn haut Gesetzer vir a Rou a mat Aemooss, déi an esou enge Fäll da musse gräifen!

Noutstandsreglementer, ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, dat ass jo och schonn ugeklongen, kënnen mëssbraucht ginn a si potenziell geféierlech.

De Stefan Braum, Doyen vun der Uni Lëtzebuerg vum Droit, huet gesot: «Constitutionnaliser l'état d'urgence, c'est faire confiance au gouvernement actuel et le regretter sous un gouvernement futur.» An dat dierfe mer net vergiessen.

Mir sinn haut heibannen alleguerte gudde Wëllens. Mä wat wësse mer dann, wien a fënn, an zéng, a fofzéng oder zwanzeg Joer eventuell hei sëtzt?

#### (Brouhaha)

Dir sot, et géif Garantien, well no zéng Deeg muss eng Majorité qualifizéieren den État d'urgence verlängeren. Jo, huele mer un, et gëtt en État d'urgence. E gëtt verlängert. Heescht dat dann eng Ratifikatioun vun deene Mesuren, déi geholl gi sinn? A wann ech géint déi Mesur sinn, muss ech da géint den État d'urgence als solches stëmmen?

An elo emol ganz iwwerdrifwen,...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Ganz iwwerdrifwen!

► **M. Roy Reding (ADR).**- Jo, Madamm Loschetter, wat geschitt dann, wann an deem État d'urgence eng Regierung decidéiert, 20 Deputéierten ze internéieren? Dann hu mer heibanne keng Majorité constitutionnelle méi, fir den État d'urgence ze verlängeren oder net ze verlängeren.

Jo, et kann ee laachen driwwer. Mä dat doten ass awer dat, wat an der Geschicht geschitt ass, wou esou Noutstandsgesetzer wéi déi heite mëssbraucht gi sinn! An dat muss ee jo awer gesinn, wéi dat ka mëssbraucht ginn!

Firwat solle mer also eppes schafen, wat ka potenziell mëssbraucht ginn, wa mer haut all Zäit vun der Welt hunn, a Rou a mat Aemooss déi Gesetzer ze huelen, déi sech imposéieren fir a Krisefäll?

Et ass ganz kloer, datt och déi Formulatioun, trotz alle Lobeshymnen, déi hei een deem anere gemaach huet, net gutt ass. Et gëtt geschwat vun „péril imminent“, et gëtt geschwat vun „besoins vitaux“, et gëtt geschwat vun enger „partie de la population“, där hir Intérêts vitaux. Et deet mer leed: Dat ass schwammeg, dat ass net präzis. Et ass in fine net ze kontrolléieren, wat domadder geschitt.

A finalement, et ass och schonn hei gesot gi vum Här Gloden, ech widderhuelen et: De Mëssbrauch, de potenzielle Mëssbrauch vun dese Regeln ass vum Auteur selwer dokumentéiert ginn, wéi e gesot huet, et kéint ee jo drun denken, op dësen Text zrëckzegräifen, fir punktuell Flüchtlingsfoyerer ze bauen, ouni déi normal legislativ an administrativ Prozeduren anzehalen.

Et ass gesot gi vum Alex Bodry, d'Dauer vun der Krisesituatioun wier limitéiert op zéng Deeg an dräi Méint. Neen, d'Krisesituatioun ass potenziell sechs Méint, néng Méint oder éiweg. Wa Cattenom an d'Luucht flitt, ass d'Krisesituatioun wäit méi laang wéi dräi Méint an zéng Deeg.

Wat mer hei hunn, ass de Pouvoir législatif, dee mer ofginn hei als Chamber, wou mer eis kastreieren, andeem mer en dem Exekutiv ginn, dat ass maximal limitéiert op dräi Méint an zéng Deeg. An dat ass mir éierlech gesot schonns ze vill, wa mer kucken, wéi haut schonn d'Praxis ass, wou eis Regierung zu Bréissel Saachen zoustëmmt, déi mer duerno als Direktiv zerwéiert kréien, déi mer hei musse stëmmen, wou mer guer keng Méiglechkeet méi hunn, dat ofzeleenen.

Ech kéint Beispiller nenne während etleche Minutten. Dir kennt se jo selwer, wou eis Beamten, emol net d'Regierung, mä wou Beamte vun der Regierung Saachen zoustëmmen zu Bréissel, sief et d'Saisie vu Bankkonten, d'Opheiwung vun Bankgeheimnis fir Netresidenten, d'Hauséierergesetz et cetera. Mir hunn der all Dag, déi mer virgeluecht kréien.

Haut scho gëtt et vill ze vill eng grouss Ingerence vum Pouvoir exécutif an de Pouvoir législatif. Dovun ofgesinn, datt de Gros vun de Gesetzer, déi mer hei maachen, jo souwisou Projekte sinn, Projet-de-loien, déi vu Beamte vun der Regierung geschriwwen ginn an net vun der Chamber.

An ech denken, et wier un der Zäit, en Ermächtigungsgesetz fir d'Chamber ze stëmmen, datt mir eise Pouvoir zrëckhuelen, an dëser Annäherung hei ënner kengen Émstänn zouzestëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- De Rapporteur fret d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.**- Ech huele mer d'Wuert - ech hunn nach eng Rei vu Minutten - als LSAP-Vertrieder hei. Ech wollt reagéieren besonnesch op déi lescht Interventioun, well esou einfach geet dat jo net!

Déi Hypokrisie eigentlech, mat där hei sech opgereegt gëtt iwwert deen neien Text, deen, wéi keen aneren, streng Bedéngunge festleet, zäitlech Bedéngunge festleet, inhaltlech Bedéngunge festleet, d'Interventioun vun der Chamber garantiert, vun engem Vertrieder vun enger Partei, déi den aktuellen Artikel 32.(4) gutt fënnt, dee guer keng Garde-foue virgesäit, dee keng Interventioun vun enger Chamber virgesäit, deen der Regierung d'Méiglechkeet gëtt, haut op de Begrëff vun der „Crise internationale“ zrëckzegräifen, wou mer wëssen: Et ass de flouste Begrëff, deen dran ass. D'„Crise internationale“, dat ass net, dass dat vun enger UNO géif festgestallt ginn: „Elo si mer an enger «Crise internationale».“ Dat gëtt et jo guer net.

D'„Crise internationale“, dat war d'Finanzkris. Muer ass et eng Kriminalitéitskris, Terrorismuskris: „Crise internationale“. Dat heescht, mir hunn haut en Text, dee mat Begeeschterung (veuillez lire: gestëmmt ginn ass). Ech hunn nach nogelies, wat sengerzäit den Här Henckes am Numm vun der ADR dozou gesot huet. An den Här Gibéryen huet deen Text matgestëmmt, deen aktuellen Artikel 32.(4), an deem all déi Garantien, déi mer elo hei mat agebaut hunn, net sinn, dee wierklech déi Stärkung vun der Chamber net virgesäit. All déi Verbesserungen, all déi Präzisierungen, déi mir dran hunn, déi sinn am aktuellen Text net dran. Net nëmmen huet d'ADR deen Text mat Begeeschterung gestëmmt, mä ech hunn och hir Propositionen nogelies, wat se mengen, wat sollt an der aktueller Verfassung geännert ginn.

Si wollten den Artikel 32.(4), wéi en haut ass, ouni déi Garantien integral bäibehalen. A kenger Interventioun hu se eigentlech dat doten a Fro gestallt, wat haut am Artikel 32.(4) steet. An da muss ee sech de Virwurf gefale loosson, dass ee wéi eng Girouette nom Wand dréit an dass een hei als Partei net méi déiselwecht Meenung vertritt wéi déi, déi ee virun zéng Joer zu deeneselwechte Froen hei vertratt huet. Dat wollt ech emol eng kéier ganz kloer hei soen.

#### (Brouhaha)

Well all - all! - objektiven Observateur huet bei alle Bedenken, déi ee kann zum Prinzip hunn, mä zum Prinzip hat d'ADR ni Bedenken, si war jo fir den Artikel 32.(4), wéi mer en haut kennen... All Respekt fir déi Leit, déi mam Prinzip Problemer hunn. Mä wann een dann awer kuckt, mat wat fir enge Garde-foue mer eigentlech elo eisen aktuelle System hei versinn hunn, dann ass viles vun deem, wat haut am aktuellen Text méiglech ass, an deem zukünftigen Text net méi méiglech. Notamment och iwwert d'Definitioun vun der Urgence. Eng konstruëiert Urgence kann net méi gebraucht gi vun enger Regierung, wa se da jee déi Absicht gehat hätt, fir op deen Artikel hei zrëckzegräifen.

Et kann een net Delaie versträiche loosson an soen: „Oh, elo ass et awer Zäit, fir eppes ze maachen, elo ass et eng Urgence, elo musse mer schnell handeln!“ Dat geet mat eise Text hei net méi, well et ebe gekoppelt ass, ganz dätlich, wat mer haut net am Text stoen hunn, un d'Incapacitéit vun der Chamber, fir a ganz klengen Delaien ze reagéieren, an Zäit vu Stonnen, an Zäit vun Deeg ze reagéieren.

Duerfir hu mer all déi Méiglechkeeten hei virgesinn. A säi Beispill, wat en hei mat den Hoer erbäigezunn huet - ech froe mech, wat an engem Kapp virgeet, deen esou Beispiller hei an enger effentlecher Sitzung seet, dass eng Regierung hei géif drun denken, fir zwanzeg Deputéierten ze internéieren -, och dat ass e falsch Beispill!

#### (Brouhaha)

Dat ass net méiglech, well d'Verfassung garantiert eigentlech d'Immunitéit vun Deputéierten. An et kann een dat net, ausser en cas de flagrant délit, mä et ass awer haut och scho méiglech. Ouni Spezialgesetz kann een dat maachen.

Also wann een heihinnerkënn, wann ech gelift, bei der Wourecht bleiwen an um Buedem vun den Tatsachen!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).**- Här President, ech hunn eng eenzeg Fro un den Här Bodry. A wat fir engem Fall,... „crise internationale“ op der Sait, an op der Sait de Regëster, wat fir eng Partei hei iergendwann eng kéier wat fir eng Positione vertrauten huet, do gëtt et scho genuch Beispiller vu Parteien, déi komplett géint d'Quote waren an der Fraefro an esou weider, dovunner wëll ech guer net schwätzen.

Sot mir wann ech gelift een eenzegt - een eenzegt - Beispill, wat fir eng Legislatioun eng Regierung géif huele bannent deenen zéng Deeg am Fall vun enger nationaler Kris! Wou gëtt et do eng Lück? A wa jo, kënnen mer déi net schléissen duerch en normaalt Gesetz, wat mer no deenen normale Prozeduren a Rou a mat Aemooss huelen? Dat ass meng Fro.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.**- Ech wëll gären dorobber äntwerten, well d'Regierung, wéi se bei eis war am Dezember 2015, och do kloer gesot huet, wat se mengt, wat elo misst gemaach ginn, wat en allgemenge Charakter misst kréien. Do si mer jo befaasst gi mat engem Gesetzesprojet, dee mer nach wäerten hei ze diskutéieren kréien, wat se elo wëllen huet.

Awer se huet och gläichzäiteg gesot, dass, wann et géif zu enger Verschäerfung vun der Situatioun kommen, wa mer echt géife mat terroristesche Menacë konkret hei konfrontéiert ginn, si dann der Meenung wär, dass zousätzlech Moossname misste fir deen dote spezifische Fall zäitlech begrenzt geholl ginn. A si huet Beispiller genannt vun de Fouille-corporellen, ouni dass en Usaz vun enger Infraktioun besteet, vun de Fouillen an den Autoen.

An ech sinn der Meenung, dass an normale Situatiounen, wéi dat haut zu Lëtzebuerg ass, dat do sollt verbuede bleiwen,...

► **Plusieurs voix.**- Richtig!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.**- ...dass an engem Rechtsstat wéi Lëtzebuerg dat sollt verbuede bleiwen. Ech sinn net der Meenung wéi d'ADR, dass déi Fräiheete vun de Leit sollen ageschränkt ginn.

#### (Brouhaha)

Par contre sinn ech awer allerdéngs der Meenung, dass, wa mer echt eng terroristesch Attack hei zu Lëtzebuerg kréien an déi Menace widerbestee, een op esou Moossnamen zäitlech begrenzt muss kënnen zrëckgräifen. Dat ass meng Meenung an dat si konkret Beispiller.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).**- Dir diktéiert de Leit haut...

#### (Exclamations)

► **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.**- Oh là là là! Kommt, kommt, kommt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...an de Contraire.

► **M. Alex Bodry (LSAP), auteur-rapporteur.**- Beschäftigt lech mam Bautereglement vun der Stad Lëtzebuerg!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Elo huet ganz eleng d'Wuert den Här Marc Baum fir déi Lénk. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President, deen Text, dee mer elo hei diskutéieren, ass net nëmmen eng wäitreechend Verännerung vun eiser Constitutioun. En ass, mengen ech, och dat, wat vun dëser Koalitioun an de Geschichtsbücher wäert hänke bleiwen.

Den État d'urgence, den Ausnamezustand gëtt an eiser Verfassung verfestegt an ausgeweit. Et ass d'Reaktioun vun der Regierung, mat der Komplizitéit vun der CSV, op d'Attentat vu Paräis vum November 2015. Eng Reaktioun, déi entstanden ass am Zustand vun enger allgemenger gesellschaftlecher Angscht an Hysterie. Dës barbaresch Dote waren net déi éischt a Frankräich an och net déi éischt an Europa. An et gëtt bal kee Land méi op der Welt, wat net direkt oder indirekt vun Terrorismus betraff ass.

Dës Dote verbanne mer alleguer mat Begrëffer, déi eis direkt schrecklech Biller an Erënnerung ruffen: Bataclan, Charlie Hebdo, Anders Breivik, IS, Berliner Chrëschthmaart, München, Manchester an, an, an. Alleguerten dës grujeleg Attacken hate gemeinsam, datt se am Numm





vun der Superioritéit vun enger Kultur, vun enger Relioun oder enger Natioun willkürlech a bewosst Mënscheliwwen zerstëiert hunn.

All dës Attacken haten zum Zil, d'Grondpillere vu fräiheetlechen an demokratesche Gesellschaften ze destabiliséieren, déi hinne verhaasst sinn an déi se gär ersetze géifen duerch autoritär a faschistoid Statsstrukturen. An an deem Punkt ënnerscheede sech den Anders Breivik an IS a kengster Weis. An de Wee, fir dohinnerzuekommen, besteet doranner, Angscht ze séien, fir datt déi vun hinne esou veruecht fräiheetlech Gesellschaft sech selwer lues a lues opléist a sech an enger securitärer Hysterie an hire Géigendeel verwandelt.

An duerch déi mënscheveruechtend Ugrëff wëlle se natierlech och déi fundamentalistesche a reaktionär Kräfte an den Ugrëffslänner entscheedend stäerken. Well, maache mer eis näischt vir! Déi gréissten objektiv Ennerstëtzer an Alliierte vu Leit wéi Marine Le Pen, Geert Wilders a Kompanie, dat sinn d'Fundamentalisten. Si verfolge spigelverkéiert eigentlech déiselwecht Ziler a sinn zwou Säite vun enger Medail.

Här President, well den IS zu Paräis dës Attentat begaangen huet, verännere mer elo haut dat grondleeënd Dokument, dat d'Zesummeliwwen an eiser Gesellschaft organiséiert. Eis Noperen an Däitschland, déi och bluddeg Attentatere kennen, sinn net op dee Wee gaangen. Mir orientéieren eis éischter un engem franséische Virbild.

An och do, maache mer eis näischt vir, et geet em den État d'urgence, och wann Der dat elo verblimmelt an euphemistesche État de crise nennt. D'Regierung kritt mam État d'urgence erweidert Pouvoiren, déi se esou bis elo net hat. Si kann, zäitlech begrenzt, Gesetzer ausser Kraaft setze respektiv Decisiounen huelen, déi eigentlech just en demokratesch gewielt Parlament dierf huelen am Fall vun enger nationaler Kris.

D'Regierung kritt hei d'Méiglechkeet, exorbitant Pouvoiren auszeüben, déi, wann iwwerhaapt, eréischt ex post kënne kontrolléiert ginn. A wien decidéiert dann, ob d'Konditiounen erfëllt sinn, fir den Ausnamezoustand ze dekretéieren? Ma dat ass d'Regierung, déi sech selwer d'Fakultéit gëtt, Gesetzer ausser Kraaft ze setzen.

Dee reaktionäre Statsrechtler Carl Schmitt huet dat esou genannt: „Souverän ist, wer über den Ausnahmezustand entscheidet.“ Den Ausnahmezustand ass e Friemkierper an der Demokratie, den a sengem Wiesen op d'Ophiewe vun der Gewaltentrennung erausleeft a per se ademokratesch ass. An et gëtt elo hei ugefouert, datt et den État d'urgence schonn ëmmer ginn hätt, soit duerch d'Loi d'habilitation, soit zanter 2004 bei internationale Krisen. Dat stëmmt, mä e war awer ëmmer gemënt fir ekonomesch Krisensituatiounen, sief et am Éischte Weltkrich oder sief et elo kierzlech eréischt bei der Bankerettung.

Zweetens gëtt ugefouert, et wiere jo elo Ännerungen an deem ursprénglechen Text virgeholl ginn an nei Garde-fouen agebaut ginn, an och dat stëmmt. Mä den Interpretationsspillraum bleift awer enorm grouss bei Formele wéi „menaces réelles pour les intérêts vitaux de tout ou partie de la population“, well dat kann zimlech vill sinn. Oder den „péril imminent résultant d'atteintes graves à la sécurité publique“, do kann ee sech och ganz vill Situatiounen drënner virstellen.

An deem ursprénglechen Text, den am Januar 2016 deposéiert gouf, stoung souguer d'Notioun vum „Ordre public“ nach dran, mä „Ordre public“, dat ka strictement bal alles sinn. An dat muss ee sech virstellen! Zweek Méint no engem Attentat an engem Nopeschland war den allgemenge Geescheszoustand an der Chamberskommissioun also nach ëmmer vun enger securitärer Hysterie gepräagt, datt ech mer iwwerhaapt net virstelle wëll, wat lass wier hei am Land, wa quoi que ce soit geschitt. An ech gleewen eben net un d'Besonnenheet, weder vun der Regierung, déi dësen Text commanditéiert huet, wéi vun der Chamber, déi e redigéiert huet, wa mer hei am Land mat enger kritescher Situatioun befaasst sinn.

Ee weidere Garde-fou wier d'Interventioun vun der Chamber, déi den Ausnamezoustand mat Zweedréttelmajoritéit verlängere misst. An et stëmmt och dat, et ass e formale Garde-fou. Mä et kann ee sech awer d'Fro stellen, ob d'Chamber dann iwwerhaapt Moyenen huet, souverän ze analyséieren, ob d'Bedéngungen, déi d'Regierung virgëtt vun deem Ausnamezoustand, net méi erfëllt sinn. Well si ass dach

an deem Moment tribulaire vun den Informatiounen vun der Regierung an de Sécherheetsapparater.

A wéi e Parlament, a wéi een Deputéierte wëllt sech scho gäre virgeheie loossen, net genuch fir d'Sécherheet vum Land gemaach ze hunn? An och grad gesi mer, wat a Frankräich lass ass, wou den Ausnamezoustand zur Regel ginn ass, mam Accord vun der Chamber.

Duerfir huet de Statsrot a sengem Avis virgeschloen, ebe grad den Terrorismus aus dem Champ d'application vum Ausnamezoustand erauszehuelen, well d'Terrorgefor, déi besteet jo eigentlech ëmmer!

An ee leschte Garde-fou wier, datt d'Prinzipie vun der Constitutioun a vun internationale Verträge missten agehale ginn an domadder d'Grondrechter net beschnidde kéinte ginn, mä och do: Wesentlech Prinzipie ginn an der Verfaassung ernimmt, mä se ginn awer iwwer Gesetzer geregelt, also déi Gesetzer, zu deenen d'Regierung am État d'urgence derogéiere kann.

Zum Beispill d'Streikrecht, d'Streikrecht ass certes e Recht, wat an der Verfassung steet, mä et gëtt awer iwwer Gesetzer geregelt. D'Regierung kéint an esou engem hypotheetesch Fall also ouni Problem am État d'urgence d'Prozeduren an d'Modalitéite vun deem Streikrecht, vun deem Gesetz esou ëmänneren, datt et zwar als Prinzip nach ëmmer bestoe bleift, mä de facto net kann ausgeübt ginn.

Den Doyen vun der juristescher Fakultéit vun der Uni Lëtzebuerg, de Stefan Braum, sot a Bezuch op d'Ausweidung vum État d'urgence an eiser Verfassung, datt et den - Zitat - „Ufank vum endgültigen Doud vum Rechtsstat kéint sinn“.

#### (Interruptions)

Här President, ech fannen et bezeichnend, datt den Ausgangspunkt, nämlech d'Sécherheet vun de Leit hei am Land, bei all deenen Diskussiounen, souwuel an der Chamberskommissioun wéi awer och hei elo am Plenum, héchstens en marge erwänt ginn ass. Well effektiv, wat sinn dann déi konkret Zeenarien, bei deenen d'Regierung wëllt op den Ausnamezoustand zrëckgräifen? A wéi eng Gesetzer wëllt se dann änneren?

Den Här Bodry huet elo vu Fouillé geschwat. Mä dat sinn dach alles Méiglechkeeten, déi mer elo schonn hunn. Well wéi eng Méiglechkeeten, wéi eng Mëttele huet den uerdentlechen, ordinäre Rechtsstat dann haut net an enger Krisensituatioun? Elo scho kënne mer Stroosse spären, Enquête maachen, Grenze kontrolléieren. Elo scho kann d'Populatioun evakuéiert ginn, jo souguer forcéiert evakuéiert ginn. An elo scho kann een an Noutsituatiounen requisitionéieren. Elo scho kann d'Armée am Land agesat ginn. A mir hunn dach Noutfallpläng wéi den „Plan Cattenom“.

A wat ass an enger realer Noutfallsituation d'Plus-value vum État d'urgence? Dovunner hu mer nach bis elo relativ weëneg héieren.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Natierlech muss e Land sech préparéieren op Noutfallsituatiounen. Duerfir hu mir als Lénk virun engem Joer d'Gesetz iwwert den Haut-Commissariat à la protection nationale jo och matgestëmmt. Mä duerfir brauche mer awer net de Rechtsstat, och wann nëmmen zäitlech begrenzt, ausser Kraaft ze setzen an d'Parlament ze iwwergoen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Den Ausnamezoustand bréngt eis net virun, net bei Naturkatastrophen an och net bei terroristeschen Attacken. An och dat hu mer entre-temps a Frankräich gesinn.

Här President, d'Dekretéiere vum Ausnamezoustand ass awer och en héich symboleschen Akt, nämlech d'Virspille vun enger staarker an decidéierter Regierung, déi Autoritéit weist an huet - Autoritéit! - an déi selbstbestëmmt souwuel den État d'urgence erléisst wéi en och zäitlech begrenzt ëmsetzt.

Här President, an enger Woch sinn et 80 Joer, datt d'Lëtzebuurger per Referendum mat knapper Majoritéit géint en Uerdnungsgesetz gestëmmt hunn, dat eist Land op d'Schinn gesat hätt vun enger autoritärer Gesellschaftsform.

Et ass déi batter Ironie vun der Geschicht, datt et haut grad déi sozialliberal Koalitioun ass, déi net d'Fënsteren, mä d'Diere ganz wäit opmécht fir zukünftige autoritär Deriven.

Mir als Lénk soen dozou mat zwee Hänn Neen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Rapporteur huet d'Wuert gefrot.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Ech wëll elo net mat dem Pathos äntwerten hei

vu mengem Virriedner. Ech kennen d'Schwiergekeeten, den Toun ermëzefanne par rapport zu deene sachlechen Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten. Et ass egal.

Et war eppes vläicht vergiess ginn, op wat ech och a menger Duerstellung des Kéier hei net insistéiert hunn a wat een awer och net soll vergiessen. All déi Akten, déi d'Regierung kann ënner ganz strenge Bedéngungen an zäitlech begrenzt setzen am Kader vun esou enger Kris, ënnerleie selbstverständlech der Kontroll vun de Gerichter. A wann ee vläicht kee Vertrauen an d'Regierung huet, anscheinend jo och net an d'Chamber huet, dann, mengen ech, sollt een awer d'Autoritéit an d'Onofhängegkeet vun eise Gerichter net a Fro stellen.

Et ass evidenterweis, dass déi Règlement-grand-ducalen, wéi all Règlement grand-ducal - do deele mer eent zu eent d'Aschätzung, déi juristesche Aschätzung, déi de Statsrot gemaach huet -, dem Contrôle vun de Gerichter ënnerleien, allen uerdentleche Gerichter, déi d'Konformitéit vun engem Règlement grand-ducal par rapport zu allen Texter kënne kontrolléieren, och par rapport zur Verfassung, och par rapport zu internationalen Traitéen, och par rapport also zur Europäescher Mënschenrechtskonventioun. Dat kënne se maachen.

An hei besteet souguer d'Méiglechkeet, well et jo en Acte réglementaire administratif ass, fir och direkt souguer déi Decisioun ze contestéiere virun eise Verwaltungsgerichter.

Ech géif also bidden, an där dramatescher Duerstellung hei,...

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Jo!

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- ...déi total iwwerzunn ass, theatralesch e bëssen nieft dem Dill menger Usicht no ass, soll ee wa méiglech awer och bedenken, dass mer nach wie vor an engem Rechtsstat sinn an all Kontrollen, noutwendeg Kontrolle vum Rechtsstat och weider hei spillen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Här Gibéryen, Dir sollt roueg sinn.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An de Statsminister huet d'Wuert a soss keen. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat gehofft, dass den Debat haut seerein wier. Et geet em eng Situatioun hei, wou d'Regierung...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Neen, mä net op alle Bänken, Madamm Loschetter, muss ech soen.

Et sinn hei och Propose gehale ginn, bei esou enger Fro, wou ech awer wierklech hoffen, dass mer se ni gebrauchte mussen - ni gebrauchte mussen! -, mat deenen hei Politique politicienne gemaach gëtt a probéiert gëtt, de Leit Angscht ze maachen, wéi wann dës Regierung hei wëllt d'Demokratie, de Rechtsstat an esou Saachen ofschafen.

Hei geet et drëms, dass an där schlëmmster Situatioun, déi mer kënnen eng Kéier eis net wëlle virstellen, mer och kënnen agéieren. An d'Beispiller, déi den honorabelen Här Deputéierte Bodry hei zitéiert huet, si Beispiller. Ech wëll net duerno dee sinn, dee seet: „Jo, mir konnten näischt maachen, well d'Gesetzgebung dat net virgesinn huet.“ Ech wëll net dee sinn, deenen, wann ech eng Méiglechkeet hunn, en Attentat ze verhënneren, seet: „Jo, leider ass et eben elo passéiert, well mer keng Gesetzgebung haten.“

(Brouhaha)

Mir sollen als Exekutiv, mir sollen als Exekutiv, wann Ausnamezoustand sinn, exceptionnell Zoustand sinn, och Méiglechkeeten hunn, kënnen ze agéieren.

Duerfir... Här President, ech ginn hei drun ernënnert, dass ech selwer elo net serein sinn.

(Interruption)

Jo, ganz einfach, well ech der Meinung sinn, dass dat heiten e Sujet ass, dee wichteg ass an dass et net en Opportunitéitstext ass, deen d'Regierung hei wëllt hunn, fir iergendwéi méi Moyenen ze hunn oder hei kënnen d'Chamber ze court-circuitéieren.

Ech soen och der Chamber Merci. Well wierklech, deen Text ass och eng Zesummenaarbecht gewiescht mat der Kommissioun, wou mer hei am Fong duerch de Verfassungstext op engem essenzielle Punkt, deen eis Verfassung virgesäit, assuréieren, dass, wann eng national Kris wär, och hei am Land kéint agéiert ginn.

D'Kris ass eppes, wat instantané ass. Eng Kris ass näischt, wat een am Virus ka plangen. D'Kris ass näischt, wou ee seet: „An e puer Deeg ass eng Kris.“ D'Kris ass eppes, wat spontan ass a wou mer der Meinung sinn, dass se och muss direkt behandelt ginn a mer net kënnen a verschidde Situatiounen Deeg oder Wochen, a virun allem Wochen, waarden, fir kënnen ze agéieren.

Am Moment ass déi Kris e Contexte international. Dat ass esou, wéi den Text et virgesäit. A mir sinn der Meinung, dass et wichteg ass, dass mer net an eng Situatioun geroden, wou mer eis am Fong selwer blockéieren oder agéieren, awer net am Kader vun der Verfassung. Dat heescht, dass mir op Drock a well jiddweree seet: „Do muss eppes geschéien“, eppes maachen, wou mer am Fong d'Moyenen net hunn, fir kënnen ze agéieren.

An duerfir wëlle mer de Cadre légal schafen, fir dass och da kann agéiert ginn an dass déi direkt Mesuren zäitno zur Kris och kënne geholl ginn an, wéi gesot, net Wochen duerno.

An esou wéi et virdru gesot ginn ass: Deen heiten Text schränkt am Fong d'Kompetenz vun der Regierung méi an, wéi dat de Fall elo ass. Hei gëtt gesot, d'Regierung géif sech nei Moyene ginn. Au contraire! Mir hunn eng Kontroll, et ass limitéiert, d'Konditiounen gi geschaaft, et ass an der Zäit limitéiert, mir brauchen eng Validatioun vum Parlament, dat, wat am Moment net do ass!

Duerfir hu mer am Moment bal während dräi Méint, wou eng Regierung kéint vill méi fräi - dräi Méint! - agéieren, während hei bannent den zéng Deeg schonn e Contrôle parlementaire ass, dee muss do sinn, soudass d'Chamber am Fong, souverän d'Chamber decidéiert, ob se fënn, dass dat richtig oder net ass. An et ass op dräi Fäll präzis limitéiert: déi international Kris, déi real Menacé fir déi vital Interesse vun der Populatioun an d'Bestoe vun enger imminner Gefor, déi aus enger graver Verletzung vun der éffentlecher Sécherheet ervirgeet.

Dowéinst ass et fir eis wichteg, dass dësen Text och adaptéiert gëtt, an ech soen och der Chamber Merci, dass mer dat wäerten haut maachen.

Par rapport zu den Enjeuen, déi esou e Krisenzoustand ka mat sech bréngen, muss ee soen, dass dësen Text, deen e largé Konsensus awer hei ënnert de Parteien an dësem Haus, och an der Chamberskommissioun fonnt huet an och vun der Regierung matgedroen an och begréisst gëtt, en Text vun enger héijer Qualitéit ass, deen engersäits et erméiglecht, an dat ass de Résumé, Här President, schnell ze reagéieren, mä och anerersäits, an dat ass wichteg, mat senger Kontrollmechanismen och genuch Sécherheet schaaft, fir eventuell Abusen ze evitéieren. Dat heescht, et ass e gudden Text fir eng expectionnel Situatioun.

Erlaabt mer nach eng Kéier ze soen, Här President: Mir hoffen, dass mer et awer ni gebrauchte mussen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister.

#### Vote sur la proposition de révision de la Constitution 6938

Mir géifen dann iwwert d'Revisioun vum Artikel 32 Paragraf 4 vun eiser Verfassung ofstëmmen. Dir wësst, et ass keng Procuratioun erlaabt an et ass eng Zweedréttelmajoritéit noutwendeg. Ech géif dann d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, a soss keng!

(Hilarité et interruption)

Et war de Spellchecker, deen elo ageschalt ginn ass.

Voilà, ech géif mengen, dass d'Ofstëmmung eriwwe ass.

54 Deputéiert hunn ofgestëmmt: 49-mol Jo a 5-mol Neen. Domat ass déi noutwendeg Majoritéit erreicht. D'Proposition de révision de la Constitution 6938 ass ugehall.

Résultat définitif après redressement: la proposition de révision de la Constitution 6938 est adoptée par 50 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;





MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

## (Interruption)

Neen, et ass kee Problem. A bei deem heite Projet brauch ech net déi traditionell Fro ze stelle vun der Dispens vum zweete verfassungs-méissege Vott, well dat hei jo en éischte Vott ass. Merci.

Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 7103, d'Émsetzung vun enger Direktiv am Beräich vun de Fraisen op de Konten. An d'Wuert huet direkt, en ass scho prett, den Här Rapporteur, den Här André Bauler.

## 5. 7103 - Projet de loi relative aux comptes de paiement et portant:

**1. transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base; et**

**2. modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux**

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. André Bauler** (DP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, egal wéi een Zeenario déi europäesch Institutionen an de kommende Joren och aschloe wäerten, de Marché unique an d'Stäerkung beziéungsweis d'Verdäiwung vum groussen europäesche Bannemaart sinn a bleiwen eng wichteg Aufgabe vun der Europäescher Unioun. An deem Sënn ass et och richtig, fir déi aktuell Schwächte vun eisem gemeinsame Wirtschaftsraum ze analyséieren.

Duerch déi laang national Geschicht vun den eenzelne Memberstaaten ass et verständlech, datt et haut ënnerschiddlech Standarden an der EU gëtt, wat d'Finanzproduiten ugeet. Dës Ënnerscheeder féieren awer a verschiddene Beräicher zu Situatiounen, wou de Marché unique net spille kann. Et gëtt also Barrieren, Hürden, déi déi wirtschaftlech Konkurrenz net zum Droe komme loossen. Dat ass zum Beispill de Fall bei Bankkonten, wou et fir de Client net ëmmer einfach ass ze verstoen, wéi vill Fraisen hie bei wéi enge Servicer letztendlech ze bezuelen huet.

Well d'Länner hei verschidde Manéieren hunn, dës ungeninn, gëtt de Konsument dru gehënnert, fir genau deen Typ vu Konto ze huelen, deen am beschten op seng Besoine passt.

Här President, de Gesetzesprojet N°7103 gouf de 16. Dezember 2016 vum Finanzminister deposéiert. Den 1. Februar 2017 huet d'Union luxembourgeoise des consommateurs hiren Avis zum Projet de loi ugehall. Den Avis vun der Chambre de Commerce datéiert vum 24. Februar.

A sengem Avis vum 7. Abrëll dëses Joers hat de Statsrot zwou formell Oppositiounen ausgeswat, op déi ech spéider nach ganz kuerz ze schwätze wäert kommen. E komplementären Avis war bei dësem Gesetzesprojet awer net erfuert. De schrëftleche Rapport ass de 24. Mee an der Cofibu ugehall ginn.

Här President, den Text, dee mer de Mëtteg virun eis leien hunn, setzt eng europäesch Direktiv an dat nationaalt Recht ëm. Et handelt sech ëm d'Direktiv 2014/92 vum Parlement européen a vum Conseil vum 23. Juli 2014 iwwert d'Comparabilitéit vun den „Frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base“.

Ech hat et schonn ugeschwat: Am Moment kann de groussen europäesche Bannemaart bei Bankkonten net voll spillen, well an deenen eenzelne Memberstaaten aner Standarde virherrschen, wat d'Informatiounen zu der Käschtstruktur vun esou Konten ugeet. Och wann d'Direktiv 2007/64 scho Regeln opgestallt hat, wat d'Transparenz bei Bankfraisen ugeet, sou ass et awer fir de Konsument weider schwéier, verschidden Offere vu Konten ze vergläichen, besonnesch tëschent verschiddene

Länner. Et ginn an dësem Sënn Hindernisser fir en effikasse Marché unique op europäeschem Niveau. Wann de Konsument d'Produiten, an dësem Fall d'Bankkonte mat hire Servicer a Fraisen, net objektiv an einfach matenee vergläiche kann, da kann och d'Logik vum Bannemaart net voll spillen.

Et ass och haut dacks esou, datt verschidde Stéit mat besonnesch niddrege Revenuen et villfach schwéier hunn, e Konto opzemaachen. Si sinn an dësem Sënn vun der Finanzwelt ausgeschlossen.

Fir op dës Ëmstänn ze reagéieren, verfollegt d'Direktiv en dräifachen Objet.

Als Éischt geet et ëm d'Fixéiere vu gemeinsame Regeln, wat d'Transparenz an d'Vergläichbarkeet vun de Fraisen op Bankkonten ugeet. Domadder ass et fir de Konsument méi einfach erauszufannen, wéi vill Fraisen hien am Ganze bezilt a wéi en domadder par rapport zu Konte vun anere Banke läit.

Hei geet et drëms, eng uniform a standardiséiert Terminologie anzeféieren, soudatt een net Appel mat Biere vergläicht. De Client kritt och en Dokument, op deem d'Käschte vun de wichtegste Bankservicer festgehalen sinn an och an enger einfacher Sprooch erkläert ass, ëm wat et sech eigentlech genau heibäi handelt. An dësem Zusammenhang huet de Finanzministère eis och déi provisoresch Lëscht vun deene Basiservicer zoukomme gelooss, déi d'CSSF un déi europäesch Bankenautoritéit weiderginn huet.

Kuerz a knapp formuléiert: Iwwert de Relevé des frais kritt de Konsument also eng allgemeng Iddi zu de Fraise vun engem bestëmmten Typ vu Kont. Zu Lëtzebuerg ass d'CSSF d'Autorité compétente an dësem Domän a se wäert och en Internetsite op d'Bee stellen, op deem een d'Eegeschafte vu verschiddene Konte gratis a séier matenee vergläiche kann.

Da ginn, zweetens, och gemeinsam Regele fixéiert, déi applizéiert ginn, wann de Client de Kont wiesselt a bei eng aner Bank innerhalb vun der Europäescher Unioun geet. Hei geet et drëms, datt et méi einfach fir de Konsument ass, de Kont ze wiesselen. Fir d'Mobilitéit vun de Clienten ze verbessern, ginn och hei uniform Regeln iwwerholl. Sou weess de Client genau, wéi eng Käschten e Changement vum Kont fir hie bedeute wäert. Dat heescht net onbedéngt, datt d'Käschten ewechfale wäerten. D'Banke mussen dem Client awer eng Hëllef ubidden, wann dës en e Kont an engem anere Land opmaache wëllt.

Am Allgemengen ass ze soen, datt dës Direktiv sech net mat der Gratuitéit vu Bankservicer beschäftegt, mä mam Opstelle vu gemeinsame Regele fir de Marché unique, fir deen och weiderzebréngen.

Leschten Enns ginn och nach gemeinsam Regele festgehalen, déi et all de Konsumenten erlabe sollen, e Kont bei enger Bank opmaachen ze kënnen. Domadder musse verschidde Banken e Basiskonto opmaachen, wa se dat gefrot ginn.

Hei goufen zwou Konditiounen zrëckbehalen. Eng kéier falen déi Instituter drënner, déi op d'mannst 25 Agencen hei am Land hunn an déi minimum 2,5% vun den Dépôts garantise, de garantierten Depoten halen. Domadder wieren et hei zu Lëtzebuerg d'Spuerkeess, d'Raiffeisenbank, d'BGL BNP Paribas, d'BIL an och d'Post.

Et ass och nach ze soen, datt d'Gesetzgebung iwwert de Blanchiment natierlech iwwert dësem Droit d'accès steet.

Här President, ech kommen dann och op déi eenzel Avisen ze schwätzen.

D'ULC huet drop higewisen, datt et bei eise belschen a franséischen Nopere schonn Online-plattformen gëtt, fir d'Kontofraisen ze vergläichen, a weist sech zefridden, datt d'CSSF elo och esou e Site an d'Liewe ruffe wäert. Fir si geet de Projet an déi richteg Richtung, well en dem Client méi a méi kloer Informatiounen gëtt.

D'Chambre de Commerce mécht besonnesch zwou Remarquen. Éischtens weist si drop hin, datt et sech bei dësem Projet de loi wuel ëm eng Simplification administrative fir de Client handelt, déi awer mat Obligatiounen op der Säit vun de Banke verbonnen ass.

Zweetens bedauert d'Handelskummer, datt de Gesetzgeber d'Optioun net zrëckbehalen huet, fir ze verlaangen, datt de Client och e veritablen Intérêt à agir hätt, ier d'Bank e Konto opmaache muss. Si bedauert och, datt den Text vum Projet de loi de Fall net virgesäit, wann de Client falsch oder guer keng Informatiounen géif ugin.

Den 2. Mee huet de Verrieder vum Finanzministère eis awer an der Kommissioun erkläert, datt d'Bank an dësem Fall kee Kont opmaache misst, dat, well se net ka sécher sinn, ob hei

madder keng Aktivitéite vu Blanchiment bedriwwen kéinte ginn. An dësem Sënn sinn dës Fäll also implizitt geregelt.

Dann zum Conseil d'État, déi jo zwou formell Oppositiounen opgeworf hat, dat an den Artikelen 23 an 29. Am Allgemengen ass ze soen, datt d'Cofibu de Statsrot op dësen zwee Punkte suivéiert an dës Remarquë Rechnung gedroe gouf.

Fir den Detail gouf beim Artikel 23 eng onkloer Formulatioun opgeworf. Den éischte Paragraph zweeten Alinea gesäit vir, datt d'CSSF all Joer eng Lëscht mat deenen Instituter festhält, déi ënnert déi nei Regele falen. Aus deem Text, dee mer am Ufank haten, hätt ee kënnen schléissen, datt, wann eng Bank d'Kritären dat engt Joer net méi erfüllt, da misst se sech trotzdem nach zwee Joer un d'Regele vun der Direktiv halen. Dat ass awer net dat, wat vun der Direktiv geduecht war. Fir hei méiglech Mëssverständnisse ze verhënnern an dem Konsument kloerheet ze verschafen, huet d'Cofibu den 2. Mee dës Joers de Statsrot suivéiert an de leschte Saz vum Alinea 2 vum éischte Paragraph gestrach.

Beim Artikel 29 huet de Statsrot sech d'Fro gestallt, ob den Text d'Direktiv an hirer ganzer Form, also komplett transposéiert hätt. De Statsrot freet sech hei, ob eng penal Infraction vis-à-vis vum Finanzinstitut als Abus vum Zougangsrecht zu engem Kont gewäert ka ginn. Och hei huet d'Cofibu de Statsrot suivéiert an de Punkt 6 vum zweeten Paragraph gestrach.

Här President, vläicht nach e Wuert zum Délai de transposition. Jo, et huet méi laang gedauert, bis de Projet de loi deposéiert gouf, dat awer, fir mat villen Associatiounen an Institutionen aus dem Secteur ze schwätzen. Ech denken, dat war de richtige Wee, well et gesäit ee jo awer elo, datt mer en Text virleien hunn, deen ausgeräit ass an deen d'Strooss hält.

De Gesetzestext, iwwert dee mer op dëser Plaz schwätzen, kann nëmmen am Sënn vum Konsument sinn, dat, well méi kloer Informatiounen iwwert déi verschidde Konten ugebuede ginn, grad och iwwer eng Internetsäit. Nëmme wann de Konsument op eng verständlech Manéier vergläiche kann, wéi ee Kont am beschten op hien zougeschnitten ass, kann hien dee Produit fannen, deen zu him passt an deen hien ergo zefriddestellt.

Domadder gëtt de Marché unique gestärkt an déi verschidde Finanzakteure maache sech EU-wäit eng méi gesond Konkurrenz. Och dës kann nëmmen am Interêt vun de Konsumente sinn, well bekanntlech beliebt d'Konkurrenz jo d'Geschäft.

Duerfir wëll ech och dem Finanzminister, senge Mataarbechter, déi eis douewen trei nolauscheren, an och de Kollegen aus der Finanzkommissioun natierlech beziéungsweis dem Greffe fir déi gutt Zesummenarbecht Merci soen a ginn dann och heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ma da soen ech och nach dem Här Rapporteur Merci. An d'Wuert huet elo den Här Mosar.

## Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Fir d'Éischt Merci dem Rapporteur André Bauler, deen, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, op eng roueg, sachlech a kompetent Aart a Weis dës Projet am Detail virgestallt huet. Mir wäerten och dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Ech mengen, en huet et gesot: Et sinn hei zwee wesentlech Punkten an deem Projet. Dat eent, dat ass den Accès vun all Bierger op e Konto an der Europäescher Unioun. Dat ass also e wesentlech Recht vun all Bierger. Dat gëtt nach eng kéier duerch dës Gesetz respektiv duerch dës Direktiv ganz kloer ënnerstrach.

Deen zweete Volet, an ech mengen, de Rapporteur huet dat och gesot, dat ass dee Punkt iwwert d'Transparenz, deen natierlech haapt-sächlech dem Consommateur zeguttkënn, fir datt an Zukunft och jiddweree weess, wat déi eenzel Prestatiounen, déi e vun deenen eenzelne Banke gemaach kritt, wäerte kaschten.

Ech wëll awer vläicht nach eng kéier op de Punkt hiweisen, datt jo och d'CSSF soll an den nächste Wochen en Internetsite maachen, wou also all Bierger an all Consommateur an Zukunft déi verschidde Prestatiounen vun deene verschiddene Banke matenee vergläichen kann. Ech mengen, dat ass och e wichtegt Argument fir déi eenzel Consommateuren.

Ech wollt awer vläicht vun der Geleeënheet profitéieren, Här Finanzminister, op ee Punkt anzegoen, deen de Rapporteur och kuerz ugeschnitten huet, deen net direkt eppes mat dësem Projet ze dinn huet, deen awer fir ganz vill

Leit vu Wichtegkeet ass. Dat ass déi ganz Thematik vun der Gratuitéit vu gewësse Prestatiounen.

Ee Wuert Explikatioun. Mir liewen an engem Zäitalter, wou aus berechtigter Grënn ëmmer méi Agencë vu Banken zougemaach ginn, well och ëmmer méi Bierger hir Operatiounen iwwert deen elektronische Wee maachen. Et kënnt awer elo derbäi, datt déi Operatiounen zu engem groussen Deel gratis sinn, während op där anerer Säit déi traditionell Operatiounen am Guichet de Bierger zu engem Deel facturéiert ginn.

A mir wëssen, datt et awer an eiser Gesellschaft och nach Leit gëtt, déi ebe méi Problemer hunn, fir iwwert den Internet an iwwert den elektronische Wee déi Operatiounen ze maachen, déi also drop ugewise sinn, an hir Agencen ze goen. A mir wëssen och, datt mer zum Beispill eng ganz Diskussioun haten iwwert d'Postagencen, déi zougemaach ginn. An ech mengen, déi doten Thematik ass eng ganz wichteg, well et hei ëm fundamental Rechter vun de Bierger geet. An duerfir och vläicht en Appell un de Minister, dat dote ganz seriö ze kucken, fir datt et net zu zevill Diskrepanze kënnt tëschent deenen elektronischen Operatiounen an deenen, déi traditionell an de Guichete gemaach ginn.

Dat gesot, gi mir eisen Accord zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci dem Här Mosar. Ech hunn hei nach eng kéier den Här Bauler stoen, mä ech mengen, den Här Bauler huet schonn den Accord vu senger Fraktioun ginn. Dann huet den Här Fayot d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Och vu mir e grouse Merci un den André Bauler fir säi gudden a komplette Rapport. Dat erméiglecht mir et, mech kuerzzefaassen. Mir begrëssen als LSAP dësen Text. Et ass en Text, deen am Sënn ass vum Konsument vu Bankeservicer. E verbessert souwuel d'Transparenz, wat d'Fraisen ugeet, doduerch, dass e se vergläicht an eben déi Informatioun disponibel mécht iwwert de Website vun der CSSF.

Mir haten eng Diskussioun an der Cofibu iwwert d'Mise en œuvre vun deem Volet, wat d'Komparabilitéit ugeet vun de Fraisen. An et ass gesot ginn, dass dat géif ofhänke vun enger Mesure vun der Autorité bancaire européenne. Déi soll do eng uniformiséiert Fiche schreiwen, fir dass dat kann um europäesche Plang en œuvre gesat ginn. An et ass gesot ginn, dass déi Fiche nach net prett wier, dass dat eréischt an engem Joer géif kommen. Vlächicht kann den Här Minister dorobber agoen, ob en do weider Informatiounen huet. Et gëtt een Dokument, en Orientationsdokument, wat ech fonnt hunn, vum Mai 2015, wat do verschidde Guidelines gëtt. Mä et wär natierlech flott, wann déi Komparabilitéit do géif esou schnell wéi méiglech kommen. Vlächicht kann de Minister kuerz dorobber agoen.

Ee Volet, deen eis och immens wichteg ass, dat ass natierlech dee vun der finanzieller Inklusioun, dass all Mënschen e Recht op e Kont hunn. Ech mengen, zu Lëtzebuerg ass d'Bankarisatioun vun de Leit immens héich. Mä mir hate gëschter eng Debatt iwwert d'„working poor“. Ech mengen, den Accès oder den Net-access zu engem Kont ass wierklech en extrem penalisateur an u sech schonn e Facteur vu grousser sozialer Vulnerabilitéit, soudass een och op deem Volet dës Projet just ka begrëisen.

Voilà, dat gesot, bréngen ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci dem Här Fayot. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Och mir soen dem Här Bauler Merci. A mir géife gären hei eisen ausdréckleche Soutien ënnersträichen zu dësem Projet, dee mir ganz wichteg fannen. An dofir gi mer och den Accord zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Dann huet d'Wuert den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Nodeems meng Virriedner de Standpunkt vun de Banke vertrat hunn, wäert ech emol versichen, de Standpunkt vun de Bierger ze verrieden. Well ech mengen, hei gi vill Saachen erzielt, déi e bëssen ze vill optimistesche sinn.

## (Interruption)

Dir mengt dat.